# Dat hei ass mäi Scoutsbichelchen

Ech sinn den, d’: ______________________________

Och nach genannt: ______________________________

Ech si beim Grupp vun den: ______________________________

______________________________________________

An ech sinn an der Patrull: ______________________________

Ech war an de Wëllefcher vun: ______________________________

An ech hat dës Feiler: ______________________________

______________________________________________

Leaping-Wolf: ______________________________

An dës Badger: ______________________________

______________________________

Ech wunnen zu (komplett Adress):

______________________________

______________________________

A meng Telefonsnummer ass: ______________________

Eng 2. Telefonsnummer ass: ______________________

Ech si gebuer den (wéini a wou): ____________________

______________________________

Meng Nummer vun der Carte d'Identité ass:

______________________________

Meng E-mail ass:______________________________

Meng Passnummer ass: __________________________

Meng Matricules-Nummer ass: ___________________________

Sinn dës 3 Impfungen nach à jour?

| | | |
|---|---|---|
| Starrkrampf (Tétanos): | Jo | Neen |
| Kinderlähmung (Poliomyélite): | Jo | Neen |
| Diphterie: | Jo | Neen |

Bemierkung: ____________________________________________

| | | |
|---|---|---|
| Ech hunn eng Allergie: | Jo | Neen |

Bei jo, wéi eng: ________________________________________

| | | |
|---|---|---|
| Ech muss regelméisseg Medikamenter huelen: | Jo | Neen |

Wéi eng: ________________________________________________

Wéini muss ech wat a wéivill huelen: _____________________

_________________________________________________________

_________________________________________________________

_________________________________________________________

Numm an Telefonsnummer vum Hausdokter: _______________

_________________________________________________________

# Salut Scout

Nodeems du elo déi éischt 3 Säiten ausgefëllt hues, bass de bereet, fir däin neien Challenge unzegoen ...

D´Scoutsbichelche wäert dech an deenen nächste 4 Joer begleeden, dofir ass et esou opgebaut wéi d'Progressioun, déi s du wäerts duerchlafen.

Et fänkt mat der Montée un, dann d'Verspriechen, den Tenderfoot (ABC), d'Badger, d'zweet Klass an d'eischt Klass bis bei den Iwwergang an d'Explorer.



# D'Montée

Déi éischt Aktivitéit, déi s de an der Scoutstrupp méchs, ass d'Montée. D'Montée bedeit, dass de vun enger Branche an déi aner iwwergees, zum Beispill vun de Wëllefcher an d'Scouten. Du fänks also an enger neier Branche un, d'Montée soll dech dorop virbereeden.

Du brauchs och keng Angscht virun der Montée ze hunn, well se haaptsächlech geduecht ass, dass de en Abléck an d'Truppeliewe kriss, si soll dech net fäerten doen.

Si soll e flott Erliefnis sinn, un dat s de dech ëmmer erënnere solls.

Ech hu meng Montée den ______________________________

zu __________________________________________ gemaach.

Ech hu misse Folgendes maachen:

_______________________________________________

_______________________________________________

_______________________________________________

_______________________________________________

________________________ ________________________

deng Ënnerschrëft | dengem Chef seng Ënnerschrëft

***Hei hues de eng Lëscht, wou s de deng Cheffen aschreiwe kanns:***


| Numm, Virnumm | Totem | Adress | Telefon |
|---|---|---|---|
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |

# De Scoutsgrouss

Déi dräi gestreckte Fangeren an der Mëtt sollen un déi dräi Punkte vum Scoutsverspriechen erënneren. Den Daum um klenge Fanger ass dee Staarken, deen dee Schwaache beschützt. De Krees, deen doduerch entsteet, stellt de grousse Bridderbond vun de Scouten duer.

De Scoutsgrouss ass d'Zeeche vun der Eenegkeet an der Bridderlechkeet vun de Scouten, hie gëtt mat der rietser Hand gemeet. Denge Scoutsfrënn gëss de déi lénks Hand, fir se ze begréissen, well op der lénkser Säit och däin Häerz schléit an d'Hand souzesoen vun Häerze kënnt.

Ënnert de Scoute schwätze mer eis och alleguerte mat „DU„ un, well all Scout, ob Beaver, Wëllefchen, Explorer, Chef oder Commissaire, gläich ass, et ass kee besser a kee méi schlecht wéi seng Scoutsbridder.



# Verspriechen

E puer Wochen no denger Montée, wann s de dech gutt an d'Troupe integréiert hues, méchs de däi Verspriechen.

Den Oflaf ass meeschtens ëmmer d'selwecht ... Du gëss vum Truppechef aus dem Carré geruff, lees deng lénks Hand op de Fändel a sees d'Verspriechen op.

Ech verspriechen, mäi Bescht ze dinn,

fir meng Flischten géintiwwer der Gesellschaft a mir selwer ze erfëllen,

fir no de Wärter vum Scoutsgesetz ze liewen

a fir mech mat Iech zesummen anzesetzen fir eng besser Welt.

# SCOUTS-VERSPRIECHEN

Ech verspriechen, mäi
Bescht ze dinn,
fir meng Flischten géintiwwer
der Gesellschaft a mir selwer
ze erfëllen,
fir no de Wärter vum
Scoutsgesetz ze liewen
a fir mech mat lech
zesummen anzesetzen
fir eng besser
Welt.

# Wat ass d'Trupp?

Du hues elo d'Montée gemaach a verbréngs deng nächst 4 Joer vun dengem Scoutsliewen an der Trupp.

Op der Montée bass de an eng Patrull opgeholl ginn. Als Deel vun der Patrull bass de gefuerdert, selwer Initiative a Créativitéit ze beweisen. Fir dass deng Patrull kann optimal fonktionéieren, musse verschidde Charge besat ginn wéi z. B. Material, Keess, 1. Hëllef, Secrétariat, Patrulleclasseur ...

De Patrullechef a säi Second (CP + SP) kucken, dass dës Chargen ausgeféiert ginn. Si maachen de Lien zum Chef de Troupe (CT). De Chef de Troupe a seng Assistanten koordinéieren de Programm iwwert d'Joer mat Hëllef vun der Patrull. Dëse Programm besteet haaptsächlech aus Versammlungen, Sortien, Weekender, Campen an Federalsaktivitéiten wéi z. B. Jota, Explo, a Pow-Wow. Wann s de iergend e Problem hues, da kanns de dech un deng Cheffe wenden, well si si fir dech do.

... dat ass d'Trupp !!!



# Patrull

Am Ideal-Fall soll eng Patrull aus 5-6 Leit bestoen. Firwat net méi, frees de dech: Ganz einfach, de Grënner vum Scoutismus (de Baden-Powell, BP) hat duerch laangjähreg Erfahrung erausfonnt, dass et méi einfach ass, an engem klenge Grupp ze schaffen, sou kann all Mënsch eng Charge iwwerhuelen an dës och duerchféieren.

Dofir hale mir ganz vill op de Patrullesystem.

Fir datt eng Patrull gutt fonktionéiert, muss se verschidde Kriterien erfëllen. Als alleréischt brauch d´Patrull en Numm (en Déierenumm), deen op hire Charakter passt. Da brauchen se all e Patrullefändel an e Patrullekreesch. Si brauchen och all e Chef (CP): hien ass deen, deen d'Patrull leet, an e gët vu sengem Second (SP) assistéiert.

Wichteg ass et och, dass een aus der Patrull Responsabel vun der Apdikt ass an och d'Basiskenntnisser iwwer 1. Hëllef huet ...

E Responsable vum Material (Patrullekëscht) ass och néideg, grad esou wéi e Secrétaire an e Caissier.

Ausserdeem braucht der e Patrulleclasseur, wou sämtlech Rapporten, Präsenslëschten a Progressiounstableauen dra sinn.

Heifir kann och e Responsabel désignéiert ginn. Wann all Mënsch aus der Patrull een deem aneren hëlleft a seng Charge propper ausféiert, dann ass e gudde Patrullegeescht präsent.

***Meng Patrull***

Numm: ______________________

Kreesch: ______________________

**1. SCOUTSJOER**

| Numm | Charge |
|---|---|
| CP: | |
| SP: | |
| | |
| | |
| | |
| | |
| | |
| | |

Numm: ______________________

Kreesch: ______________________

**2. SCOUTSJOER**

| Numm | Charge |
|---|---|
| CP: | |
| SP: | |
| | |
| | |
| | |
| | |
| | |
| | |

***Meng Patrull***

Numm: ______________________

Kreesch: ______________________

**3. SCOUTSJOER**

| Numm | Charge |
|---|---|
| CP: | |
| SP: | |
| | |
| | |
| | |
| | |
| | |
| | |

Numm: ______________________

Kreesch: ______________________

**4. SCOUTSJOER**

| Numm | Charge |
|---|---|
| CP: | |
| SP: | |
| | |
| | |
| | |
| | |
| | |
| | |



# D'SCOUTSGESETZ

1) E Scout e Wuert
2) E Scout ass éierlech an fair
3) E Scout ass manéierlech
4) E Scout respektéiert jiddereen, sou wéi en ass
5) E Scout léisst keen am Stach
6) E Scout setzt sech a fir Ëmwelt a Natur
7) E Scout mécht aus allem daat Bescht
8) E Scout mécht all Dag eng BA
9) E Scout respektéiert, wat him an anere gehéiert
10) Scouten halen zesummen

# D'Scoutsgesetz an d'Verspriechen

... sinn de Grondsteen vum Scoutismus.

D'Scoutsgesetz solls de net als eppes Strenges wéi zum Beispill de Code de la Route gesinn, well bei de Scoute kriss de jo och kee Protokoll, wann s de dech emol net un e Punkt gehalen hues.

D'Scoutsgesetz ass éischter e Kader, deen dir d'Zesummeliewen an denger Trupp an no baussen an der Gesellschaft vill méi einfach mécht.

Dëst ass awer nëmme méiglech, wa jidderee probéiert, dës Regelen anzehalen, respektiv deen aneren drop opmierksam mécht, wann een sech emol net drun hält.

Ier s de elo däi Scoutsverspriech méchs, ass et awer wichteg, datt s de och all Punkt vum Scoutsgesetz verstees, a fro roueg däi Chef oder CP, datt si der déi eenzel Punkten erklären.

Wann et dann esou wäit ass, a wann s de deen éischte grousse Schrëtt op dengem Scoutswee, d'Scoutsverspriechen, méchs, soll dëst e feierleche Moment fir dech sinn.

Hei e puer Wierder, déi dir an deem Moment hëllefe sollen:

Et ass net schwéier an net gewot, ze verspriechen, säi Bescht ze maachen.

Et ass net schwéier, well s de net verspréchs, NI ze versoen, NI net ze follegen oder dech NI ze ieren. Dat kéins de och net, well s de nëmmen e Mënsch bass, net méi an net manner wéi déi aner.

Du verspréchs also nëmmen, däi Bescht ze maachen, wat s de kanns maachen, fir däi Bescht ze ginn.

Déi verschidde Punkte vum Scoutsgesetz:

1) ***E Scout e Wuert***

Dëse Punkt am Scoutsgesetz ass d'Grondlag fir d'ganz Scoutserzéiung, well ouni Oppenheet, Éierlechkeet an Zouverlässegkeet ass e Vertrauen zwësche Scout a Chef onméiglech. Dat heescht, datt e Scout zu dem steet wat et seet.

2) ***E Scout ass éierlech a fair***

E Scout léiert am Grupp ze funktionéieren an sech richteg vis-a-vis vun den aneren Scouten ze behuelen. Fir datt d'Gruppeliewen funktionéiert, kuckt de Scout net nëmmen no sengem eegenen Virdeel mee hält sech un d'Regelen vum Grupp.

3) ***E Scout ass manéierlech***

E Scout weess, wéi en sech ze behuelen huet.

En ass oppen, dat heescht, dass en déi aner net belitt an net bréit a weist domadder dass en en gudden Charakter huet.

4) ***E Scout respektéiert jiddereen, sou wéi en ass***

De Scoutismus ass oppen fir jiddereen, egal weieng Hautfaarf, Relioun, Nationalitéit, Geschlecht an Sexualitéit. De Scout behandelt jiddereen mat Respekt an evitéiert sämtlech Form vun Diskriminéierung.



## 5) *E Scout léisst keen am Stach*

Schonn als Mënsch si mer verflicht, aneren Mënschen an Nout ze hëllefen. Ëmsou méi, si mer als Scout verflicht. Du solls bereet sinn, Mënschen, déi dech brauchen, bäizestoen an ze hëllefen, an zwar jidderengem, net nëmmen Kollegen.

## 6) *E Scout setzt sech a fir Emwelt a Natur*

E Scout schützt d´Natur an zerstéiert se net, e respektéiert si an hir Bewunner. Du solls och ëmmer eng Plaz am Bësch esou verloossen, wéis du se opfonnt hues.

## 7) *E Scout mécht aus allem daat Bescht*

E Scout probéiert op sengem eegenen Niveau, sengen Stäerkten an Limitten no, dat Bescht aus sech eraus ze huelen. Och wann emol Situatiounen do sinn, déi engem méi schwéier virkommen, léisst en sech drop an, an mëscht dat Bescht draus.

### 8) *E Scout mécht all Dag eng BA*

E Scout soll säi Méiglechst maachen, fir all Dag e gutt Wierk ze maachen. E Scout hält d'Aen op wou en hëllefen kann, an mëscht och mol eppes ouni dofir gefrot ze ginn.



### 9) *E Scout respektéiert, wat him an anere gehéiert*

E Scout respektéiert deenen aneren hir Saachen, dat heescht, e mécht se net futti a léint näischt aus, ouni ze froen. Och em seng eegen Saachen këmmert en sech, a passt drop op.

### 10) *Scouten haalen zesummen*

Mier gehéieren zu engem weltwäiten groussen Mouvement an deelen déi selwecht Idee. Des Gemeinschaft soll eis bewosst sinn, an zesummen sinn mer staark. Dat gëllt an eisen Patrullen, Gruppen, Länner an op der ganzer Welt.

## Notizen

# SCOUTSWEE



# Tenderfoot ABC

### *Apdikt*

Pro Patrull soll eng Apdikt sinn! Dës soll op all Aktivitéit matgoen. Een aus der Patrull soll sech ëm d'Apdikt bekëmmeren a sech dran auskennen, z. B. eng Plooschter oder e Verband ubrénge kënnen.

### *Aktivitéiten*

Du kenns e puer Aktivitéiten: z. B. Patrullereunioun, Patrullesortie asw.., Jamboree, Gruppesortie, Pow-Wow, Jota/Joti, Explo, Orientéierungslaf asw.

### *BP*

De BP (Robert Stephenson Smyth Baden-Powell) gouf den 22.02.1857 zu London gebuer. Hien ass de Grënner vum Scoutismus an huet am Joer 1907 op der Insel „Brownsea" den éischte Scoutscamp geleet.

Hien ass den 8. Januar 1941 zu Nyeri am Kenya gestuerwen.


### *Bonne Action (B.A.)*

Et ass de 6. Punkt am Scoutsgesetz, z. B. Bëscher propper maachen, doheem hëllefen, Kleedersammlung asw.



### *Badger*

Du weess, wat et vu Badger gëtt. Badger sinn eng Belounung fir Saachen, déi s de gutt kanns an déi s de och aneren aus denger Troupe erkläre kanns. Badger ginn op de rietsen Aarm gebitzt.



### *Cheffen*

An de Cheffe solls de grouss Kollege gesinn, déi der villes mat op de Wee kënne ginn. Mat hinne kanns de iwwert all Problemer schwätzen. Du solls deenen aneren e gutt Beispill sinn, andeems de se respektéiers.



## *Carré*

Mam Carré gëtt all Aktivitéit ugefaangen. Nodeems all Patrull hire Patrullekreesch gebirelt huet, soll et roueg sinn, fir dass de Chef iech alles erkläre kann.



## *Chaîne des Adieux*

Gréisser Aktivitéiten (z. B. e Weekend) gi mat enger Chaîne des Adieux ofgeschloss. Jidderee stellt sech mat gekräizten Äerm an e Krees a gëtt sengen Noperen d'Hänn, fir d'Chaîne des Adieux ze sangen.

## *Chargen*

Ënner Charge falen eng Onmass vu Saachen, flotter a manner flotter. Wichteg ass awer, dass se alleguerte mussen ausgeféiert ginn. Egal wat fir eng s de muss ausféieren, huel d'Saach vun der gudder Säit an erfëll se esou gutt, wéi s de kanns (z. B. Spullen, Botzen asw.).

## *Dreck*

De Punkt 7 aus dem Scoutsgesetz. Dëst gëllt net nëmmen an der Natur mee iwwerall! E gudde Scout/Guide verléisst d'Plaz ëmmer méi propper, wéi hien/hatt se virfonnt huet.

## *Demokratie*

All Scout/Guide, Chef asw. huet d'Recht, seng eege Meenung ze soen, ouni dofir bestrooft ze ginn, awer ouni en anere perséinlech ze verletzen.

### *Éischt Hëllef*

Wann een den 112 wielt, soll een sech un d'6-W-Reegelen halen:

1. Wie bass de?
2. Wat ass geschitt?
3. Wou ass et geschitt?
4. Wéini ass et geschitt?
5. Wéivill Leit si verletzt?
6. Weideres (Präzisioun vun der Ongléckspla z)

### *Equipement*

Ënner Equipement versti mer hei all déi Saachen, déi s de brauchs, fir op e Weekend oder e Camp ze goen. Dat heescht alles vum Schlofsak bis zur Gamelle. Denk drun, datt alles an däi Rucksak muss passen an dass du dëse selwer muss droen.

### *FNEL*

D'Fédération Nationale des Éclaireurs et Éclaireuses du Luxembourg ass 1916 aus verschiddene Gruppen ervirgaangen. Du kenns d'Geschicht vun der FNEL, de Logo „Fleur de Lys", an du weess, wat déi eenzel Elementer bedeiten.

Méi Informatiounen stinn vun der Säit 44 un.

### *Feier*

Du kenns d'Grondbasis, fir e Feier unzefänken: Plaz, Holz, Sécherheet, Emwëlt.



### *Grupp*

Nieft dengem Grupp ginn et an der FNEL am Moment nach 25 aner Gruppen. Du weess, wéi däi Grupp opgebaut ass. Du kenns däi Gruppechef, déi aner Branchecheffen an déi wichtegst Leit aus dem Comité.

Hei d'Lëscht vun de Gruppe vun der FNEL:


| | | |
|---|---|---|
| 1 | Les Aigles | - Luxembourg/Rollingergrund |
| 2 | Bisons futés | - Frisange |
| 3 | Les Castors | - Commune de Schuttrange |
| 4 | CB-DM | - Luxembourg/Merl |
| 5 | Dachsen | - Commune de Dippach |
| 6 | Daereldéiren | - Bridel |
| 7 | Deckelsmouken | - Steinfort |
| 8 | Diables Rouges | - Esch-sur-Alzette |
| 9 | Eechternoacher Quaichleken | - Echternach |
| 10 | Eilerenger Feldmais | - Ehlerange |
| 11 | Fiiss | - Luxembourg/Cents |
| 12 | Gréng Scouten a Guiden | - Dudelange |
| 13 | Hirsch | - Colmar-Berg |
| 14 | Hoga | - Luxembourg-Hollerich/Gare |
| 15 | Loups Blancs | - Luxembourg/LTPEM |
| 16 | Kiewerlecken | - Strassen |
| 17 | Lions Bleus | - Luxembourg/Bonnevoie |
| 18 | Les Loutres | - Mersch |
| 19 | Piwitschen | - Capellen |
| 20 | Panthères Noires | - Lorentzweiler |
| 21 | Peaux Rouges | - Dudelange |
| 22 | Rammericher Fräschen | - Rambrouch |
| 23 | Robert Schuman | - Luxembourg |
| 24 | Telstar | - Luxembourg |
| 25 | Well Säi | - Steinsel |
| 26 | Wiselen | - Mamer |
| | | |
| | | |

### *Gesetz*

D'Scoutsgesetz ass do, fir d'Zesummeliewen an der Trupp méi einfach ze maachen. Dofir ass et wichteg, datt s de déi 10 Punkten vum Scoutsgesetz kenns an och verstees. Dëst huet awer nëmmen e Sënn, wann s de dech och un déi eenzel Punkten häls.

### *Grouss*

De Scoutsgrouss ass op der ganzer Welt deen nämelechten. Du kenns seng Bedeitung an du weess, wou a wéini en ze gebrauchen ass.



### *Hike*

Den Hike ass e flotten Trajet mam Rucksak, wou s de z. B. eng Nuecht dobaussen am Biwak schléifs.



### *Hygiène*

Du weess, wéi een säi Kierper propper hält a wéini een seng Kleeder wiesselt. Du kanns richteg spullen an deng Kiche propper halen. Du weess, wéi een de Sanitär botzt.



### *Internet*

Du kanns dech och um Internet-Site vun der FNEL op der Adress http://www.fnel.lu iwwer all Méigleches informéieren: sief dat Federalsaktivitéiten, Branchen, Links zu den Homepagen vun anere Gruppen oder Länner.




### *Internationale Scoutismus*

D'FNEL ass Member vum groussen internationale Scoutsmouvement WOSM/OMMS zesumme mat 28 Milliounen anere Scouten aus 216 Länner. Hiert Ofzeechen ass déi mauve Fleur de Lys, déi s de um lénksen Aarm dréis.

### *Jamboree*

All 4 Joer ass en Jamboree an engem anere Land. Hei treffen sech Scouten am Alter vu 14 bis 18 Joer aus der ganzer Welt op engem grousse Camp.

## *Jäizert*

De klenge Jäizert ass d’Lidderbuch vun der FNEL, hei stinn nieft den übleche Scoutslidder och aner Lidder a verschiddene Sproochen dran, fir e flotten Owend mat Gesang ronderëm d’Lagerfeier ze verbréngen. Du kriss et am Scoutsshop vun der FNEL ze kafen.

## *Kniet*

Op engem Camp brauchs de haaptsächlech dës Kniet:

Platte Knuet, Aachterschléng an de Brëllage. Du weess, wéi een se mécht a wéini een se brauch.

## *Konstruktiounen*

Well s de nët alles kanns mat op de Weekend oder de Camp huelen, muss de der verschidde Konstruktioune bauen. Mat Hëllef vu Material (Holz, Steng, Buedem), wat s de op der Plaz fënns, riichts de däi Camp an z. B. Kichen, Feierdësch, Fändelsmast, Entréespaart, Spulllach, Buedemfrigo.



### *Klassen*

Den nächste Schrëtt nom Tenderfoot si fir dech déi zweet an éischt Klass. Hei léiers de nach méi iwwer d’Liewen als Scout kennen.

### *Kachen*

Hei kriss de Rotschléi, wéi s de mat denger Patrull kanns kachen (Feierstell, Menuer, Quantitéiten), wéi s de dech während dem Kache behuele solls, wéi s de kachs an op wat s de muss oppassen.



### *Morse*

Du kanns däi Numm a Morse schreiwen. Wann all Member vun ärer Patrull dat beherrscht, kritt dir op dës Manéier bal d’ganzt Morse-ABC zesummen.

Beispill: ______________________________

### *Material*

Ënner Material versteet een déi Saachen, déi dir als Patrull mat op de Camp huelt, wéi Zelter, Kichegeschir, Aaxt, Beil, Spuet, See ...

Du weess, wéi ee Material der hutt, wéi een domat ëmgeet a wéi een et an der Rei hält. Och du bass responsabel fir dat Material, wat s de gebrauchs, also suerg dofir, dass näischt verluer geet.

### *Orientatioun*

Hei léiers de, Buedemzeechen, Signes de Piste, a virun allem léiers de hei mat Kaart a Kompass a Réimer ëmzegoen.



### *Patrull*

Bei de Scoute bass du en Deel vun der Patrull, an hei léiers de och de Patrullegeescht.

Eng Patrull besteet aus 6 bis 8 Leit, un hirer Spëtzt steet hiren CP. Wichteg fir d'Patrull ass, dass si esou onofhängeg wéi méiglech schafft, dofir muss all Patrouillard aktiv mat-maachen.



### *Respekt*

Är Patrull kann nëmme funktionéieren, wann dir är Entscheedungen huelt, ouni en aneren ze verletzen. Du solls och Respekt hu virun der Natur, dem Material asw.

### *Regelen*

Fir dass mer bei de Scouten eppes op d'Bee bréngen, musse mer eis un e puer Regelen halen, wéi z. B. d'Verspriechen, Pünktlechkeet, Respekt, Éierlechkeet ...

### *Rucksak*

Op villen Aktivitéite geet de Rucksak mat. Wichteg ass, dass en net ze grouss ass an dass en uerdentlech gepaakt ass. Denk och drun, dass alles, wat zevill dran ass, matgeschleeft muss ginn.

Wéi de Rucksak richteg gepaakt gëtt an eng Lëscht, wat dra muss sinn, steet vun der Säit 62 un.



### *Spill*

Beim Spille geet et net nëmmen drëms, ween de Beschten ass a wee soll gewannen, mee jidderee soll sech och gutt dobäi ameséieren.



### *Sport*

Wann ee Sport mécht, ass dat ëmmer gutt fir de Kierper a fir d'Gesondheet. Et däerf een awer net iwwerdreiwen, an et soll ëmmer nach Spaass maachen. Bei de Scoute kanns de dës Sportlerbadger kréien, wéi z. B. de Schwëmmerbadge, de Velosbadge, den Athletebadge an den Equipesportbadge.

### *Salut au Drapeau*

Moies am Carré beim Salut au Drapeau fänke mer den Dag richteg un. Währenddeem mer uschloen, gëtt de Fändel eropgezunn. Owes am Carré maache mer erëm dat selwecht, hei heescht et elo awer Descente des Couleurs.

### *Techniquen*



Déi verschidden Techniquen, wéi z. B. mat der Kaart a mam Kompass ëmgoen, léiers de an denge Versammlungen, mee du kanns se awer och noliesen am Scoutsbichelchen vun der Säit 80 un.

### *Trupp*

Dat ass an ärem Grupp déi ganz Scoutsbranche. Alleguer d'Scouten an d'Guiden an natierlech d'Cheffen aus dëser Branche bilden d'Trupp.


### *Totem*

Ënner Totem versti mer Nimm, déi d'Cheffen am Grupp hunn, déi si bei enger spezieller Zeremonie kréien. Dëst ass meeschtens de Numm vun engem Déier.

### *Uniform*

E gudde Scout/Guide huet och ëmmer eng propper a komplett Uniform mat Foulard. Wéi a wat alles muss wou drop sinn, kriss du hei op dëser Zeechnung gewisen.

Op all offiziell Aktivitéit muss d'Uniform gedroe ginn. Während enger Versammlung soll och ëmmer de Foulard gedroe ginn.




### *Verspriechen*

Fënns de op der Säit 10

## *Wieder*

De Scout/Guide mécht keen Ënnerscheed zwësche guddem a schlechtem Wieder. Well et gëtt kee schlecht Wieder, et ginn nëmme schlecht Kleeder.

## *Zelter*

Wann s de matgees op en internationale Camp, schléifs de an engem Zelt. Nëmmen en opgeraumtent Zelt garantéiert e flotte Camp (Donnerwieder, Insekten, Gestank).

Wéi s de en Zelt opriichts, propper häls a versuergs, gesäis de op der Säit 71.



## *Zeitung*

An all Grupp soll et eng Zeitung ginn. Dës kriss de regelméisseg heem geschéckt. Hei stinn all déi wichtegst Informatiounen vun dengem Grupp dran. Et kann net schueden, wann dir heiansdo vun der Patrull e Rapport an dës Zeitung schreift.




## Notizen

# D’FNELs Fleur de Lys

D’FNEL huet ewéi de Scoutsweltverband an d’Scoutsfederatiounen e „Markenzeechen” oder e Symbol, d’Fleur de Lys.

Si representéiert net nëmmen eis Federatioun, mee och nach aner Saachen:

De Krees ass d’Sonn, d’Quell vum Liewen, et ass och de Krees vun der Frëndschaft, d’Kette vun der Bridderlechkeet.


D’Haren sin d’Zeeche vun der Stärkt a Gesondheet.

D’Sycomoreblieder sinn d’Symbol vun der Liewenskraaft. Déi gréng Faarf dréckt eis Hoffnung aus fir eng besser Welt, déi wäiss Faarf symboliséiert d’Rengheet vun eisen Absichten.

D’Zelt stellt d’Liewen an der fräier Natur duer. Et ass op, wat bedeit, datt all Mënsch bei eis komme kann. Blo ass d’Faarf vun der Treiheet zum Gesetz an zum Verspriechen.

D’Feier dréckt eis Begeeschterung fir eis Prinzipien aus.

D’Lilie ass d’Zeeche vun alle Scoute vun der Welt.



# D’FNEL – Historique

## *D’Entstéiung vum Scoutissem zu Lëtzebuerg*

De Professer Joseph Tockert (1875–1950), iwwerzeegt vun der Iddi vum Baden-Powell, gëtt während enger Konferenz vun der Studentenorganisatioun ASSOSS am Casino an der Stad Explikatiounen iwwert den englesche Scoutissem.

1913 Éischt konkret Usätz ginn et zu Déifferdeng an zu Diddeleng, dës Jugendassociatiounen hunn awer aner Originen wéi den englesche Scoutissem. No an no integréieren se sech awer an de nationale Scoutissem.

1914 Belsch Scoute campéieren op der Polvermillen (Op der Heedeképpchen). Iwwert de Franz Heldenstein ginn e puer jonk Lëtzebuerger fir de Scoutissem intresséiert.

1914 Et gëtt konkret. Op Initiativ vum Joseph Tockert gëtt am Stater Kolléisch den éischte Scoutsgrupp gegrënnt: d’„Éclaireurs de l’Athénée”. Den éischte Camp wor am selwechte Joer an der Chrëschtvakanz zu Mondorf.

1915 Während dem Éischte Weltkrich hunn d’Scouten als Secouriste beim Roude Kräiz gehollef. Bei dëser Aarbecht beklot de Lëtzebuerger Scoutissem eng éischt Victime, de Walter Heldenstein ass verscheet am Dingscht vun de Krichsgefaangenen duerch eng ustiechend Krankheet.

De Georges Schommer kënnt ënner anerem wéinst senge Scoutsaktivitéiten am Éischte Weltkrich fir e puer Méint an de Prisong op Tréier. Iwwer 40 Joer ass hien um nationale Niveau an der FNEL engagéiert. Hien ass spéider Commissaire Général a President

vun der FNEL. Duerch säin Engagement huet hien ons Federatioun an den Ufanksjore staark markéiert.

### *D'Grënnung vun der FNEL*

1916 D'Scoutsgruppen doen sech zesummen a grënnen de 16.07.1916 d'Fédération Nationale des Éclaireurs du Luxembourg. Den éischte Pow-Wow vun der FNEL wor beim Dudderhaff um Eecherfeld.



### *Grënnungsmembere vun der FNEL:*

Les Éclaireurs de l'Athénée, les Éclaireurs de l'Institut E. Metz, les Boy-Scouts du Sporting-Club, les Éclaireurs de Neudorf, les Éclaireurs de Bonnevoie, les Éclaireurs de Strassen, les Éclaireurs de Dudelange, les Éclaireurs de Wiltz, les Éclaireurs d'Echternach, les Éclaireurs de Diekirch et d'Ettelbruck, les Éclaireurs de Schieren.

1920 kënnt d’Zäitschrëft „Scout”, eise Périodique officiel, fir d’éischt eraus, an d’FNEL hëlt um éischten Jamboree zu London mat 50 Scouten deel. Et entstinn och déi éischt Meuten.

1922 ass d’FNEL Membre Fondateur vum Bureau Mondial zu Paräis ginn.

1923 Op der Assemblée Générale huet d’FNEL eng Entente Amicale mat den Giovani Esploratori Italiani vun Esch-Uelzecht gutt geheescht. Si sinn dem Corpo Nazionale dei Giovani Esploratori Italiani ugegliddert a schaffen aktiv am Südbezirk vun der FNEL mat.

1925 D’Trupp vun de Girl Guides Luxembourg Grund, déi un d’FNEL affiliéiert war, zielt 12 aktiv Meedercher. D’Girl-Guides vun Diddeleng goufen 1921 gegrënnt.

1927 gëtt den Home „Etienne Schmit” zu Rippeg ageweit. Grënnung vun der AABSL (Amicale des Anciens Boy-Scouts de Luxembourg), der heiteger AAGSL.

1936 Dräi Cheffen, den Nico Muller, de Fredy Lauff an de Jean David, kréien déi éischt Woodbadge bei der FNEL iwwerreecht.

### *Am 2. Weltkrich*

1940 D’Truppen vun der FNEL ginn opgeléist an d’Material konfiskéiert; de Scoutismus lieft am Ënnergrond weider: d’Cheffe vu Les Margays vu Péiteng ginn an d’KZ verschleeft, jonk Leit verschreiwen sech dem Scoutsideal (1943: Trupp Roude Léiw).

1943 De Roude Léiw Clan gëtt zu London an engem Elan vu nationaler Solidaritéit vu FNEL an LS Rover an d’Liewe geruff.

1945 De 7. Oktober gi FNEL an LS sech eens iwwer en Daachverband, d’LBSA (Luxembourg Boy Scouts

Association). De Prënz Jean mécht säi Verspriechen an ass säitdeem Chef-Scout vu Lëtzebuerg.

### *D'FNEL an de 60er Joren*

1964 D'FNEL feiert 50 Joer mat engem internationale Camp vun iwwer 1.000 Leit op den Dräi Eechelen.

1966 De Prënz Henri ass Member an der Troupe interfédérale Sigefroi. Dës besteet aus 5 Patrullen: 2 LS, 1 Lions Bleus, 1 Hoga Boys an 1 Patrull mixte.

1966 hunn d'Meederchersgruppen sech der FNEL ugeschloss. No der Statutenännerung vun 1971 ass et d'Fédération Nationale des Éclaireurs et Éclaireuses du Luxembourg.

No de Rats de l'Alzette huelen och d'Meute vun de Grénge Scouten an den Aigles Meedercher bei sech op.

### *1970 bis 1982: 7 nei Scoutsgruppen*

1970 D'Loutres vu Miersch ginn den 9. Juni an d'FNEL opgeholl.

1975 D'Affiliatioun vun de Guides et Brownies des C.E., haut d'Etoiles Européennes.

1976 D'Däreldéiere vum Briddel hunn hir éischt Wëllefchersreunioun de 6. Mäerz.

1977 D'Wisele gi gegrënnt. Den 30.11.1977 entsteet zu Mamer eng Meute vu 60 Wëllefcher.

1978 D'Kiewerlecke vu Stroossen ginn an d'Liewe geruff.

1979 ginn an der FNEL d'Explorer (15-18 Joer) gegrënnt.

1981 Op der Cap ginn d'Piwitsche gegrënnt.

1982 Den 19. Juni gëtt en neie Grupp zu Kolmer-Bierg gegrënnt: d'Hirsch.

***D'FNEL vun haut***

1982 gëtt zu Betzduerf de Jubica (Jubiläumscamp zur Geleeënheet vu 75 Joer Weltscoutissem) mat 3.326 Scouten a Guiden ofgehalen.

1984 entsteet déi éischt Beavercolonie (Kanner am Alter vu 5 bis 7 Joer) bei de Grénge Scouten zu Diddeleng.

1989 feiert d'FNEL seng 75 Joer mat engem Camp zu Réiden un der Atert mat 1.700 Participanten.

1989 grënnt d'FNEL d'ONG Éclaireurs et Éclaireuses pour le Développement Communautaire a.s.b.l. a mécht säithier Entwécklungshëllef virun allem am Nepal.

1991 Am September engagéiert d'FNEL en éischte Permanent.

1991 an dono: Grënnung vun neie Gruppen: Castors 1991, Dachsen 1992, Fiiss 1994, Wëll Säi 1995, Bisons Futés 1997.

1993 keeft d'FNEL mat Hëllef vum Stat de Misärshaff bei Uerschdref. Zu dësem Zweck gëtt d'Fondation FNEL, établissement d'utilité publique, gegrënnt, déi als Haaptziel huet, e Formatiounszentrum um Misärshaff ze realiséieren.

1994 Am Cader vun der LBSA gëtt de 16. Mäerz an der Maison de Casal d'Association Nationale des Parlementaires du Scoutisme du Luxembourg an d'Liewe geruff.

D'FNEL grënnt mat aneren Europäesche Scoutsfederatiounen d'Union Internationale des Associations Scoutes et Guides Pluralistes et Laïques.

1995 Am September gëtt de Grupp vun den Dänesche Scouten zu Lëtzebuerg affiliéiert.

Op der Assemblée Générale am Gronn ginn déi nei Statuten ugeholl. D'Beaverbranche gëtt offiziell agefouert. D'Mandater vun de Commissaire ginn op maximal 3 mol 3 Joer begrenzt.

1996 400 FNEL-Scouten um Federalcamp Techuana an Éisträich.

2000 D'Charte vun der FNEL, en Text an deem steet, wat mir sinn a wat mir wëllen, gëtt zesumme vun de Cheffen ausgeschafft an op der Assemblée approuvéiert.

242 FNEL-Scouten um Camp Fédéral op Ferny Crofts an England.

Reorganisatioun vum Secrétariat: dëst besteet elo aus 3 bezuelte Leit. De Stat accordéiert och e bezueltene Formateur.

2001 Am Januar ginn d'Eilerenger Feldmais als neie Grupp an d'FNEL opgeholl.

2003 Inauguratioun vum Misäershaff



### *Eisen Home*

1916 „La FNEL était l'heureux locataire d'un quartier général de deux petites pièces au premier étage du Café du Cercle à la Place d'Armes à Luxembourg, et les chefs s'y réunissaient tous les vendredis.

Au fil des années, la FNEL s'installait ensuite Grand-rue n° 50 (Imprimerie Linden), dans un arrière-bâtiment, puis au n° 4 de la rue des Capucins. Plus tard les chefs se réunissaient à l'Hôtel des Boulevards, place de la Constitution, et à l'Ancre d'Or avant d'élire domicile à l'Hôtel de la Bourse, 9, avenue de la Porte-Neuve.

1961 Ce fut le déménagement au n° 43 de la rue de Hollerich dans l'immeuble Heinz van Landewyck."

De Sall Pola Weber gëtt gebaut.

1991 Renovatioun vum Siège an der Hollerecher Strooss an de Joren 1990-1993.

2001 Vergréisserung vum Siège: et ginn zwee duebel Container hannert de Sall Pola Weber amenagéiert.

2010 Bau vun eisem neien homeFNEL um Site vun der AGGL um Fetschenhaff.

2013 Awéihung vum homeFNEL mam Grand-Duc Jean.



# De Scoutissem léiert eis Toleranz

## *Wat ass en tolerante Mënsch?*

Den tolerante Mënsch geet dovun aus, dass all Mënsche gläich sinn. Keen huet méi Wäert wéi deen aneren.

Dofir ass fir hien all Mënsch fräi, ze gleewen oder nët ze gleewen, wat hie wëll. Den tolerante Mënsch ass deemno net antireligiéis.

Dofir soll hien och seng eege Meenungen an Iwwerzeegungen hunn. Den tolerante Mënsch muss deemno net all Meenung fir richteg fannen, mee sech domat auserneesetzen, sech dofir intresséieren.

Dofir ass hien och op fir eng pluriethnesch a multikulturell Gesellschaft. Den tolerante Mënsch weess, dass esou Exklusiounen a Privilegien kënne verhënnert ginn.

Dofir si fir hie Solidaritéit an Hëllefsbereetschaft ganz normal an natierlech Liewensastellungen. Den tolerante Mënsch trëtt deemno an fir eng méi grouss sozial Gerechtegkeet ënnert de Mënschen.

Di logesch Grenz vun Toleranz ass d'Intoleranz. Den tolerante Mënsch däerf d'Intoleranz net zouloossen. Hie setzt sech fir d'Toleranz an, well si muss ëmmer nees verdeedegt ginn.

Dir mierkt: den tolerante Mënsch ass net passiv, mee op fir seng Matmënschen.

Dir mierkt: d'Toleranz ass de Garant vun engem gudden an harmoneschen Zesummeliewen.

# Baden-Powell, Grënner vun de Scouten a Guiden



De BP (Baden-Powell) gouf den 22. Februar 1857 zu London als 12. Kand gebuer. Säi Papp ass gestuerwen, wéi hien 3 Joer al wor. An senger Schoulzäit huet hie gemierkt, datt hien sech immens fir d'Natur intresséiert. Oft huet hien sech mat senge Frënn getraff, fir d'Natur an d'Déieren ze beobachten.

Nom Ofschlossexamen goung hien an d'englesch Arméi a gouf a Südafrika stationéiert.

Hie krut den Uerder, den Ashanti-Häuptling Pempreh festzehuelen. Op dëser Juegd gouf hie mat deene verschiddene Methoden vu Spuereliesen an Orientéirung bekannt gemaach. Während dëser Expeditioun huet hien och säin éischt Buch (Aids for Scouting) geschriwwen.

***1899***, während dem Burekrich, gouf hien zu Mafeking stationéiert. Mafeking gouf vun enger Iwwerzuel vu Bure belagert. Während der Belagerung an u Mangel vu Leit huet hien eng Trupp vu Jongen op d'Bee gestallt, déi Messagen iwwerbruecht hunn an déi feindlech Stellungen observéiert hunn. Dobäi huet de BP schonns festgestallt, dass déi Jonk zu grousse Leeschtungen a Verantwortunge kapabel waren.

***1907*** ass hien aus der Arméi erausgetrueden, fir sech ganz der Jugendaarbecht ze widmen. Hie grënnt d'Scouten a mécht mat 22 Jongen aus verschiddene Gesellschaftsschichten den 1. Camp op Brownsea Island. Dem BP säi

Geheimnis war et, fir aus der Trupp kleng Patrullen ze maachen, well s de aus klenge Gruppe méi Responsabilitéit léiers.

***1908*** schreift hien e Buch iwwert Scoutismus mam Titel „Scouting for Boys”.

***1909*** war den éischte Pow-Wow zu London am Crystal-Palace mat iwwer 11.000 Scouten. Bei dësem Pow-Wow waren och déi éischt Meedercher derbäi, wat de BP dozou bruecht huet, säi Buch „Scouting for Boys” fir Meedercher ëmzeschreiwen.

***1912*** huet de BP sech mam Olave St. Claire Soames bestuet. Zesumme kruten se 3 Kanner.

***1916*** huet de BP d'Wëllefcher gegrënnt.

***1919*** kréien d'Scouten de Gilwell Park bei London fir Ausbildungszwecker geschenkt. Fir Formatiounszwecker ginn haut nach Cheffen aus der ganzer Welt dohinn.

***1919*** sinn d'Rover an d'Liewe geruff ginn.

***1920*** wor e wichtegt Joer fir de BP. Zu London gouf den éischten Jamboree ofgehalen. 8.000 Scouten aus 27 Länner hu matgemaach. De BP gouf hei zum eenzegen „Chief Scout of the World” ernannt.

***1929*** ass hien zum Lord geadelt ginn mam Titel „Lord Robert Baden-Powell of Gilwell”.

***1937*** beim Jamboree an Holland war de leschten öffentlechen Optrëtt vum BP. Hei seet hien de Scouten äddi a fuerdert déi jonk Generatioun op, mat sengem Wierk weiderzefueren.

***1941*** Den 8. Januar 1941 stierft hien zu Nyeri am Kenya.

***Dem BP seng Zieler sinn:***

- De Charakter an der Jugend ze stäerken.
- Déi Jugendlech zu nëtzleche Bierger ze maachen.
- Déi sozial Ënnerscheeder duerch uniform Kleedung ze verdecken.
- D'Gesondheet vun der Jugend duerch Sport, Spiller an Natur ze fuerderen.

Seng Methoden:

- Kleng Gruppen (Patrullen).
- Leedung duerch nëmme wéineg Eelerer.
- Learning by doing.
- Dem Alter ugepasste Programm (Beaver / Wëllefcher / Scouten / Explorer / Rover).
- Scoutsgesetz als Richtlinn.
- Scoutsverspriechen als dreiwend Kraaft.

***Dem BP säi leschte Bréif:***

*Léif Scouten!*

*Am Theaterstéck „Peter Pan", dat dir vläicht kennt, ass de Piratenhäuptling dauernd derbäi, fir seng Sonndesried ze schreiwen, aus Angscht, dass wa seng Stonn géing kommen, hie keng Zäit méi dofir hätt. Mir geet et ganz ähnlech. Ech leien zwar nach net um Stierwen, awer den Dag ass net méi wäit. Dofir géif ech nach gären eng Kéier e Wuert un iech riichten. Denkt drun, dass dat hei meng lescht Noriicht un iech ass.*

*Mäi Liewen wor glécklech, an ech géif mer wënschen, dass jiddereen vun iech grad esou glécklech lieft.*

*Ech mengen, Gott huet eis op dës Welt gesat, fir dorop glécklech ze sinn, an eis um Liewen ze freeën. D'Gléck ass net d'Folleg vu Räichtum an Erfolleg am Beruff an nach manner fir net streng mat sech selwer ze sinn. E wichtege Schrëtt zum Gléck besteet doranner, dass der iech nëtzlech maacht an dass der Freed um Liewe kritt, wann der emol Männer gitt.*

*D'Studéiere vun der Natur wäert iech all Schéinheeten a Wonnere weisen, mat deene Gott d'Welt zu onser Freed ausgestatt huet. Sidd zefridde mat deem, wat iech ginn ass, a maacht dee bescht méigleche Gebrauch dovun. Probéiert bei allem, dat Bescht draus ze maachen. Dat eegentlecht Gléck awer fannt der doran, datt der déi aner glécklech maacht. Versicht, d'Welt e bësse besser zréckzeloossen, wéi der se virfonnt hutt. Wann äert Liewen zu Enn geet, kënnt der roueg stierwen am Bewosstsäin, är Zäit net verschwennt ze hunn. Sidd an dësem Sënn „Ëmmer Bereet", fir glécklech ze liewen a glécklech ze stierwen. Haalt iech ëmmer un d'Scoutsverspriechen, och dann, wann der keng Bouwe méi sidd.*

*Äre Frënd*
*Baden-Powell of Gilwell*

## Scoutswierder

| | |
|---|---|
| Biwak | selwergebautent Zelt fir meeschtens eng Nuecht |
| B.P. | Baden-Powell; Grënner vum Scoutismus |
| CG | Chef de Groupe |
| CP | Chef de Patrouille |
| CT/ACT | Chef de Troupe (Assistant) |
| Explo | Zesummentreffe vun enger Branche vun der FNEL |
| FNEL | Fédération Nationale des Éclaireurs et Éclaireuses de Luxembourg |
| GBS | Gemütliches Beisammen-Sein, nom Programm beim Lagerfeier zesummesëtzen an sech ënnerhalen oder sangen |
| Gilwell | Formatioun (3e Cycle) fir d'Cheffen, genannt nom Gilwellpark bei London, wou dës Formatioun fir d'éischt gehale gouf |
| Hops | Opstoen |
| Jamboree | Zesummentreffe vun de Scouten aus aller Welt (all 4 Joer) |
| Jota | Jamboree On The Air, Weekend am Oktober, wou all d'Scouten zesumme funken |
| Joti | Jamboree On The Internet, Weekend am Oktober, wou all d´Scouten um Chat matenee kommunizéieren |

Panda Badge = Naturbadge

| | |
|---|---|
| Pow-Wow | grousst Zesummentreffe vun der FNEL een Dag am Juli, kënnt vun den Indianer |
| SCOUT | Zäitschrëft vun der FNEL |
| SP | Second de la Patrouille |
| Staff | Cheffeversammlung |
| Taps | Schlofegoen |
| Thinking-Day | 22. Februar, Gebuertsdag vum B.P. |
| Totem | Scoutsnumm, meeschtens en Déirenumm, kënnt vun den Indianer |
| Troupe | d'Branche vun de Scouten |
| WOSM | World Organisation of Scouts Movement, Weltverband vun all de Scoutsfederatiounen |

**Notizen**




# Jamboreeën

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| 1920 | Olympia | England | 8000 | 34 |
| 1924 | Kopenhagen | Dänemark | 4549 | 30 |
| 1929 | Birkenhead | England | 50000 | 69 |
| 1933 | Gödöllö | Ungarn | 25792 | 46 |
| 1937 | Vogelenzang | Holland | 28750 | 54 |
| 1947 | Moisson | Frankräich | 24152 | 38 |
| 1951 | Bad Ischl | Éisträich | 12884 | 41 |
| 1955 | Niagara | Canada | 11139 | 71 |
| 1957 | Birmingham | England | 30000 | 82 |
| 1959 | Mt Makiling | Philippinen | 12203 | 44 |
| 1963 | Marathon | Griichenland | 14000 | 88 |
| 1967 | Idaho | U.S.A. | 12011 | 105 |
| 1971 | Asagiri Heights | Japan | 23758 | 87 |
| 1975 | Lillehammer | Norwegen | 17259 | 91 |
| 1983 | Calgary | Canada | 14752 | 97 |
| 1988 | N. South Wales | Australien | 14434 | 84 |
| 1991 | Mount Sorak | Südkorea | 19083 | 135 |
| 1995 | Dronten | Holland | 23966 | 164 |
| 1999 | Picarquin | Chile | 30000 | 145 |
| 2003 | Hadyao Sattahip | Thailand | 24000 | 147 |
| 2007 | Gilwell Park | England | 43000 | 158 |
| 2011 | Rinkaby | Schweden | 43012 | 143 |
| 2015 | Kirarahama | Japan | | |
| 2019 | New River Gorge | USA | | |

# Buedemzeechen

D’Buedemzeechen, och nach Signes de piste genannt, gi gebraucht, fir de Scouten op engem Trajet oder Spill de Wee ze weisen, andeems ee just Saachen aus der Natur benotzt wéi z. B. Steng, Holz oder Gras. No dëser Method lees de d’Zeechen ëmmer op déi riets Säit vum Wee.



# Är perséinlech Ausrüstung

Huel sou wéineg wéi méiglech, awer souvill wéi néideg mat.

Deng Ausrüstung muss:

- liicht sinn, besonnesch wann s de se selwer droe muss
- plazspuerend sinn, däi Stauraum ass begrenzt
- haltbar sinn an de Belaaschtungen, déi op dech duerkommen, standhalen
- wéineg Fiichtegkeet ophuelen a schnell dréchnen
- an engem perfekten Zoustand sinn
- iwwerall gezeechent sinn
- méiglechst an engem Gepäckstéck verpaakt sinn, sou dass d'Hänn fräi sinn an näischt um Rucksak ronderëmhänkt

Wat brauchs de?

D'Schung musse bequem sinn an dem Zweck entspriechen (et gëtt keng Allroundschung). Huel méiglechst liicht, waasserofweisend, mee ootmungsaktiv Schung, mat wéineg Nouten. Si sollen iwwer den Enkel reechen an dem Fouss gudden Halt ginn.

D'Boxen, am beschten aus waasserofweisendem Material, solle bequem sinn an d'Been ganz bekleeden, well dat schützt viru Verletzungen.

Jeans musse wäit a schon eng Kéier gewäsch sinn. Rimm net vergiessen.

Schutz géint de Reen: E Poncho, deen iwwer de Rucksak reecht. Ganz gutt géint de Reen si Kleeder aus Gore-Tex mat verschweessten Nouten.

Kappbedeckung: jee nom Wieder: Mutz oder hell Kap.

Géint d'Keelt: Mutz, Hännschen, Schal, déck Strëmp, well do geet een och besser dran, an eventuell e Polar-Fleece-Pullover.

Täschemesser mat enger 6 bis 8 cm laanger Kléng. Am beschten e Klappmesser wéi e Schwäizer Täschemesser oder e Leatherman.

Gamelle: E groussen an e klengen Deel, souwéi Forschett, Messer, Läffel, Kichenduch a Becher gehéieren an eng Gamelle.



Wäschsaachen mat Handduch, Seef, Läppchen, Biischt, Zännbiischt, Zännseef, Mousticken- a Sonneschutz am Summer, Shampooing.

Kleedung: ëmmer eppes fir ze wiessele mathuelen, Ënnerwäsch ëmmer fir een Dag méi dobäi hunn, Turnschung, fir wann een net ënnerwee ass.

Éischt-Hëllefs-Këscht ni vergiessen.

D'Täscheluucht muss eng gewësse Liichtkraaft hunn, Ersatzbatterien net vergiessen. Praktesch ass eng Luucht fir op de Kapp, well dann deng Hänn fräibleiwen.

De Schlofsak muss gewëssen Temperaturen aushalen, am beschten ass e Schlofsak fir dräi Joreszäiten. Fir am Schlofsak ass e sougenannte Banneschlofsak aus Lénge praktesch, well et schützt a mécht de Schlofsak net esou séier dreckeg.

Hei ass elo nach eng komplett Lëscht, wat der alles op de Camp mathuele musst:

- Komplett Uniform, Foulard
- Rucksak, klenge Rucksak fir den Hike
- Carry-Matt, Schlofsak, Léngent
- Gamelle, Besteck, Becher, Bidon, 1-2 Kichenhanddicher
- Wäschsaachen
- Perséinlech Medikamenter
- T-Shirten a Pullover
- Ersatzbox
- Jogging
- Ënnerwäsch, Strëmp a wëlle Strëmp
- Biergschung an e puer aner Schung (Turnschlappen)
- Anorak, Fleece
- Reejackett a –box (K-Way, Poncho)
- Mutz, Kap, Hännschen a Schal
- Perséinlech Éischt-Hëllefs-Trousse

- Kompass, Réimer, Täscheluucht mat Ersatzbatterien, Täschemesser, Ficelle, Nuesschnappecher, Scoutsbichelchen
- Bitzgeschir, fir wann eppes futtigeet





# De Rucksak

Wann s de der en neie Rucksak keefs, solls de der iwwerleeën, fir wat s de de Rucksak brauchs. Dat Wichtegst beim Kaf sinn déi richteg Längt am Réck an d'Form vum Tragesystem, de Rucksak muss also wéi deng Kleeder passen. All Réck ass verschidden, dofir solls de am Geschäft verschidde beluede Rucksäck uprobéieren. Du solls de Rucksak also ni nom Volume, mee no der Gréisst kafen, déi bei däi Kierper passt.

Fir de Rucksak richteg unzepassen, mussen d'Rimmen alleguerte labber sinn. Du muss oppassen, a wéi enger Reiefolleg dass de deng Gurten unzitts:

Fänk ëmmer fir d'éischt mam Hëftgurt un. Du duerfs de Gurt awer net an der Héicht vun de Schanke festmaachen, mee och net sou déif an der Taille, dass en de Becken erofrutscht.

Da kommen d'Schëllergurten un d'Rei. D'Polster sollen sech propper ëm d'Schëllere leeën, mee si sollen och net sou fest sinn, dass den Hëftgurt entlaascht gëtt.

Wann s de däi Rucksak pécks, solls de och op verschidde Punkten oppassen: de Schwéierpunkt soll dicht um Kierper, op Schëllerhéicht leien.

# Den Hike

### *Wat ass en Hike?*

En Hike ass, wann eng Troupe en Trajet vun e puer Deeg dobaussen an der Natur ënnerhëlt. En Hike kann zu Fouss, um Velo, mam Flooss asw. gemaach ginn. D'Iddi vum Hike ass, sech mat wéinegste Mëttelen an der Natur opzehalen, dat heescht och do ze schlofen.

### *Wat méchs de während dem Hike?*

Während dem Hike orientéiers de dech mat Kaart a Kompass duerch d'Natur, eventuell sinn och Posten ënnerwee, wou verschidden Technicke gemeet ginn. Owes gëtt e Biwouak opgeriicht, wou s de da mat dénger Troupe schléifs.

### *Wat muss de mathuelen?*

**Pro Patrull:**

- Kaart
- Kompass
- Baatschen a Baureficelle fir däi Biwak opzeriichten
- Waasserbidonen
- Aaxt, See
- Gasluuchten an Ersatzpatrounen
- Dreckstuten
- Eventuell e Gaskocher
- Éischt-Hëllefs-Këscht
- Iessen
- Eventuell Kachdëppen



All dëst Material gëtt op déi verschidde Scouten, déi matginn, opgedeelt.

**Fir dech selwer:**

- Dem Wieder ugepasste Kleeder
- Bidon, Gamelle
- Kompass, Réimer, Geodräieck, Bic, Bloc
- Täscheluucht, Täschemesser, Fixfeier
- Schlofsak, Carry-Matt

**Wichteg:**
Ënnerwee genuch drénken an heiansdo e klenge Snack zou sech huelen, fir dass de net vun de Been fäls.

Wann s de de Wee wierklech net méi solls packen, da so dengem Chef Bescheed an zwéng dech net, weiderzegoen, eng kleng Paus huet nach ni engem geschuet.



# Zelt opriichten

D'Zelt gëtt esou orientéiert, dass mueres d'Sonn drop schéngt, mëttes soll et am Schiet stoen – hoffentlech sinn e puer Beem op ärer Campplaz. Den Agang gëtt no Osten orientéiert, well de Reen meeschtens aus dem Weste kënnt.

Hutt der eng Plaz fonnt, raumt d'Steng an alles ewech, wat sech duerch de Buedem vum Zelt stieche kéint.

Da maacht den Zeltbuedem op deene véier Ecke fest.



D'Maste mam Bannenzelt, wat drophänkt, ginn opgeriicht, a während zwee Leit se festhalen, klappen zwee anerer e Piquet an a spanen d'Spannseeler vir an hannen vum Zelt. Duerno ginn déi véier Eckseeler gespaant.

Déi mëttelst Schnéier ginn als lescht gespaant (net ze fest zéien). Wann d'Bannenzelt opgeriicht ass, gëtt dat baussent driwwer gezunn a genau d'selwecht festgemaach.

**Oppassen**: d'Zelt an den Iwwerdaach däerfen net openee leien, soss zitt d'Waasser duerch.

A propos Waasser; e klenge Gruef ronderëm äert Zelt kann iech esou munnech naass Iwwerraschung an der Nuecht erspueren, an dat vun Ufank un. Et soll schon Truppe gi sinn, déi de leschten Dag nach ee gegruewen hunn, well dunn de grousse Reen eréischt koum.

Wann s de vum Camp heemkënns, ass et wichteg, dass däi Material propper ageraumt ass, besonnesch bei den Zelter. Am beschte solls de de Buedem gutt botzen an d'Zelter dréchnen, ier s de se apécks.

Wann d'Zelt nach fiicht ass, solls de et am Home erëm auspaken an ophänken, fir dass et kann dréchnen. Wann s de mat dengen Zelter gutt ëmgees, dann halen se och ganz laang.



# Hygiène um Camp

Hygiène um Camp ass wichteg, fir sech keng Krankheete fänken ze goen. Wann s de op engem Camp bass, solls de selwer oppassen, mee och all déi aner sollen sech u verschidde Regelen halen.

Et soll zum Beispill schon automatesch sinn, dass de deng Hänn virum Kachen oder Iesse wäschs.

Deng eege Kierperhygiène an déi an der Kichen si bal déi wichtegst, well s de soss ganz krank kanns ginn. Iessensreschter, déi an der Kiche ronderëmleien, sinn net grad eng gutt Viraussetzung fir e gesond Iessen. Och op d'Propretéit vun den Dreckstute soll ëmmer opgepasst ginn, besonnesch wann se no bei der Kichen opgehaang sinn. Näischt donieft geheien a regelméisseg eidelmaachen, sinn déi einfachst Methoden, fir dass sech néirens zevill Bakterien usammelen.



Mee och wéinst der Natur ass et wichteg, op d'Hygiène opzepassen. Si ass nämlech dat wichtegst Gebitt vun de Scouten. Aalt Waasser oder Spullwaasser solls de net einfach esou an d'Wiss oder an de Bësch schëdden, mee e Sickergruef oder -lach maachen. Do kanns de dat aalt a gebrauchtent Waasser dann iwwer e Sift draschëdden. Pass just op, dass de do keng Saachen draschëdds, déi de Buedem vergëften. Du solls och net alles an d'Dreckskëscht geheien, Pabeier kann een zum Beispill huelen, fir d'Feier unzefänken.

Wa bei dengem Camp nëmmen eng Baach leeft, solls de se esou notzen, dem Laf vum Waasser no:

1. Drénk- a Kachwaasser
2. Spullwaasser
3. Wäschen
4. Besoinen

Dat heescht, do wou d'Waasser am proppersten ass, solls de et benotzen fir ze drénken oder ze kachen.

Duerno kanns de eng Stuf drënner doranner spullen, fir dass deng Dëppen och propper ginn.

Nach eng Stuf drënner kanns de dech da selwer dra wäschen. Du solls dech net virdrun dra wäschen, well soss déi ganz Seef an d'Dëppe leeft.

Natierlech soll een um Camp och un d'Hygiène am Zelt denken. Du solls net mat de Biergschung drantrëppelen a keng Iesswueren do leie loossen, well dat lauter Déieren, virun allem Insekten, unzitt. Eng grouss Wull am Zelt mat lauter knaschtege Kleeder solls de och vermeiden.

D'Toiletten, egal, ob et richteger sinn oder selwer gebautener, solle regelméisseg kontrolléiert a propper gehale ginn. Besonnesch an der Natur ass et wichteg, dass se propper

sinn, well s de dech soss ëmmer méi onwuel fills. Am Beschten ass et, e grousst Lach ze gruewen, regelméisseg Buedem nozeschëdden an d'Lach zum Schluss vum Camp ganz zouzeschëdden.

Wann s du an deng Kolleegen op de Campen op esou Saachen oppasst, gitt der net esou séier krank, d'Iessen ass gutt an och d'Natur muss net leiden, sou wéi et bei engem gudde Scout soll sinn.



# D’Spullstrooss

Fir dass de net zevill Zäit beim Spullen verléiers, ass et wichteg, dass d’Waasser scho virum Iessen opgesat gëtt. Da kann deng Patrull direkt nom Iesse mam Spullen ufänken. Fir 10 Leit brauchs de ongeféier 7 Liter Waasser.

Als alleréischt sollen alleguer d’Iessensreschter an eng Poubelle gehäit ginn.

Fir eng Spullstrooss hëls de fir d’éischt eng Biidche mat wootlechem Waasser, fir de meeschte Knascht erofzekréien. Da spulls de an enger Biitche mat gutt waarmem Waasser a Spüli, dono wäschs de de Schaum an enger Biitche mat klorem kale Waasser of.

Fir e gudde Spullgang ass eng gewësse Reiefolleg wichteg. Fir d’éischt ginn d’Glieser gespullt, well déi am propperste sinn, dann d’Couverten, dann d’Telleren an eréischt zum Schluss d’Panen an d’Dëppen. Wann s de fir d’éischt déi méi knaschteg Saache spulls, hues de dono kee proppert Waasser méi fir d’Glieser ze spullen!

Wat d’Spullwaasser méi waarm ass, wat méi Bakterien an d’Gras musse bäissen, wat et also méi hygienesch ass.

No e puer Deeg ass et wichteg, dass d’Spulldicher a kachendem Waasser gewäsch ginn. Wann deng Patrull an der Baach spullt, denkt drun, fir biologescht ofbaubaart Spullmëttel ze benotzen.

Mat der Spullstrooss kritt ee séier an efficace gespullt, an et verschwennt een net vill Waasser.

# D’Bonne Action (B.A.)

***„E Scout mécht all Dag e gutt Wierk.“***

Dat wäers de bestëmmt e puermol ze héiere kréien. Wann s de dat anhäls, ass dat ganz gutt. Awer mat dësem Saz ass méi gemengt. Et ass wéi mam Scoutsgesetz, dat een och net esou enk soll gesinn.

Eng B.A., dat ass fir e Scout méi eng Astellung wéi eng Hëllef. Dat heescht, dass de als Scout oder als Guide ëmmer bereet bass, engem aneren ze hëllefen, deen an der Nout ass (wéi s de et jo versprach hues). Wann s de versichs, dat anzehalen an deng Hëllef gëss, wou se gebraucht gëtt, ouni e Verdéngscht dofir ze erwaarden, hues de scho vill geleescht.

De B.P. sot deemools schonn, dass, wa jiddereen dat géif anhalen, d’Welt vill méi schéi wier. Natierlech kanns de mat denger Patrull oder mat dengem Grupp méi erreechen, wann s de engem hëllefe wëlls. Dofir kann deng Patrull e Badge maachen, andeems se eng B.A. mécht, de Federalsbadge.

Dee Badge an d’B.A., dat huet alles mam sozialen Déngscht ze dinn. An domadder hunn d’Scouten an d’Guide vill ze dinn. Als Scout léiers de net nëmme beim Spill. Du léiers selwer vill méi, wann s de anere Leit hëllefs, andeems de agesäis, wéi een op dee Punkt kënnt, wat d’Ursaachen an d’Léisunge sinn, a wéi een dat vermeide kann.

Fir dat alles net ze vergiessen, hunn d’Scouten am Gesetz an am Versprieche festgehalen:

„E Scout/eng Guide mécht all Dag e gutt Wierk.“ Hie verspréncht, „deenen, déi an Nout sinn, ze hëllefen“.

# Patrullematerial

Fir op de Camp ze goen, brauch är Patrull folgend Material:

1) Patrullenzelt fir 6 bis 8 Leit, Biwakplanen fir d'Patrullekichen a fir d'Material zouzedecken

2) Patrullekëscht:
   Spuet
   Beil
   Hummer
   See
   Gasluucht
   Gaskocher
   Ersatzpatrounen (Gas)
   Dëppen (eent vu 6 an eent vun 10 Liter)
   Moossbecher
   Pan
   Seibecken
   Allzweckmesser
   Schneidbriet
   Louche
   Spulldicher
   Spullbiischt a Piwel
   Spullmëttel
   Waasserbidon (± 20 Liter, falls net am Gebrauch, Stopp erofschrauwen)
   Dreckstuten
   Fixfeier a Pabeier fir d'Feier unzefänken
   Toilettepabeier
   Baureficelle (min. 20 Meter)
   Eemer oder Biitchen

3) Apdikt (ëmmer virun der Aktivitéit kontrolléieren)

4) Kaarten, Kompass, Réimer, Geodräieck ...

5) Schreifmaterial


Scouts-
techniken

# Morse

D'Morsealphabet gouf 1857 vum Amerikaner Samuel Morse erfonnt. D'Morsealphabet ass eng Folleg vu kuerzen a laangen Téin, am Geschriwwene besteet et aus Punkten a Strécher.

Fir d'Morsealphabet am beschten ze verhalen, benotze mer eng Tabell vun Hëllefswierder.

All Silb mat o ass e Stréch, all aner Silb mat engem anere Vokal (a, e, i, u) ass e Punkt.

An der Morse gëtt et keen Ënnerscheed tëschent grouss a kleng Schrëft. Tëschent all Buschtaf kënnt e schiefe Stréch (/) fir se ofzetrennen, an tëschent all Wuert kommen 2 Strécher (//).

Beispill: D'Hëllefswuert fir de Buschtaf „A" ass „Atom"; dat huet 2 Silben: A-tom; den „A" kritt e Punkt an déi zweet Silb „tom" kritt e Stréch, well do en „o" dran ass.

A = A · tom –

***Morsealphabet:***

| | | | |
|---|---|---|---|
| A | = | A-tom | · – |
| B | = | Boh-nen-sup-pe | – · · · |
| C | = | Co-ca-Co-la | – · – · |
| D | = | Don-ners-tag | – · · |
| E | = | Ernst | · |
| F | = | Fen-ster-bo-gen | · · – · |
| G | = | Gross-on-kel | – – · |
| H | = | Hi-ma-la-ya | · · · · |
| I | = | I-gel | · · |
| J | = | Jagd-mo-tor-boot | · – – – |
| K | = | Kom-man-do | – · – |
| L | = | Li-mo-na-de | · – · · |
| M | = | Mot-or | – – |
| N | = | Nor-den | – · |
| O | = | O-vo-sport | – – – |

| | | | |
|---|---|---|---|
| P | = | Phi-lo-so-phie | • – – • |
| Q | = | Quo-ko-ri-ko | – – • – |
| R | = | Re-vol-ver | • – • |
| S | = | Sä-bel-griff | • • • |
| T | = | Tod | – |
| U | = | U-ni-form | • • – |
| V | = | Ven-ti-la-tor | • • • – |
| W | = | Wind-mo-tor | • – – |
| X | = | Xo-la-ba-phon | – • • – |
| Y | = | Yo-ma-mo-to | – • – – |
| Z | = | Zoo-lo-gie-buch | – – • • |
| 1 | = | | • – – – – |
| 2 | = | | • • – – – |
| 3 | = | | • • • – – |
| 4 | = | | • • • • – |
| 5 | = | | • • • • • |
| 6 | = | | – • • • • |
| 7 | = | | – – • • • |
| 8 | = | | – – – • • |
| 9 | = | | – – – – • |
| 0 | = | | – – – – – |
| Komma | | = | – – • • – – |
| Ponkt | | = | • – • – • – |
| Fragezeichen | | = | • • – – • • |
| Verstanen | | = | • • • – • |
| Falsch | | = | • • • • • • • • |

E puer Ieselsbrécken:

| | |
|---|---|
| E: . | T: – |
| I: .. | M: – – |
| S: ... | O: – – – |
| H: .... | CH: – – – – |


***Morseschlëssel:***



# Cryptographie


## *Code grillé*


| | | |
|---|---|---|
| AB | CD | EF |
| GH | IJ | KL |
| MN | OP | QR |





Beispill: SCOUT = 

## *Code chinois*




Beispill: GUIDEN = 

## *Code pointillé*




Beispill: TROUPE = 

### *Code Bac*

Schreif „BAC" ënnert d'Wuert

Schreif „213" ënnert de „BAC"

Ziel + **213** (fir ze codéieren) oder – **213** (fir ze entzifferen)

Beispill:

| | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| L | U | X | E | M | B | O | U | R | G |
| B | A | C | B | A | C | B | A | C | B |
| 2 | 1 | 3 | 2 | 1 | 3 | 2 | 2 | 1 | 3 |
| N | V | A | G | N | E | Q | V | U | T |
| 2 | 1 | 3 | 2 | 1 | 3 | 2 | 1 | 3 | 2 |
| L | U | X | E | M | B | O | U | R | G |

### *Spigelschrëft*

D'Wierder oder d'Säz gi vun hannen no vir geschriwwen

Beispill: SCOUTISMUS = SUMSITUOCS

### *Code chiffré*

| | | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| A | - | 1 | H | - | 8 | O | - | 15 | V | - | 22 |
| B | - | 2 | I | - | 9 | P | - | 16 | W | - | 23 |
| C | - | 3 | J | - | 10 | Q | - | 17 | X | - | 24 |
| D | - | 4 | K | - | 11 | R | - | 18 | Y | - | 25 |
| E | - | 5 | L | - | 12 | S | - | 19 | Z | - | 26 |
| F | - | 6 | M | - | 13 | T | - | 20 | | | |
| G | - | 7 | N | - | 14 | U | - | 21 | | | |

Beispill: SCOUT = 19 3 15 21 20


Remarque: Et kann een d'Buschtawen awer och anescht nummeréieren. Z. B. A–13, B–14 asw. (opgepasst, den O gëtt 1, well d'Alphabet just 26 Buschtawen huet).

## *Code inverse*

| | | | |
|---|---|---|---|
| A - Z | H - S | O - L | V - E |
| B - Y | I - R | P - K | W - D |
| C - X | J - Q | Q - J | X - C |
| D - W | K - P | R - I | Y - B |
| E - V | L - O | S - H | Z - A |
| F - U | M - N | T - G | |
| G - T | N - M | U - F | |

Beispill: PATRULL = KZGIFOO

## *Indianerschrëft*



# Richteg Holzhaen

Fir d'Äscht vun engem Bam, deen um Buedem läit, ofzehaen, brauch een e Beil oder eng Aaxt.

Net op de Stämm oder den Äscht balancéieren, mee op festem Buedem stoen.

Ëmmer op der anerer Säit vum Stamm stoen (Zeechnung), dëst als Sécherheet fir d'Been.



Ëmmer an d'Richtung vun der Aascht- oder Bamspëtzt schloen.

### *Holz kleng maachen*

Beil an Aaxt: Mat lénks a riets Schléi op den Aascht gëtt eng Kerb gemaach. Mir schloen net riicht op den Aascht!

See: D'See gëtt esou no wéi méiglech beim Blat ugepaakt an déi ganz Längt vun der See gëtt benotzt.




Oppassen, datt d'See net blockéiert.

### *Holz splécken a spëtzen*

Am beschte gëtt dëst op engem Bock gemaach (Holzstomp asw.). Fir d'Beil oder d'Aaxt net stompeg ze maachen, gëtt net direkt um Buedem geschafft!



### *Wichteg Detailer*

1. D'Beil, d'See an d'Aaxt si kee Spillgezei.
2. Nom Gebrauch vum Geschir, dëst korrekt ewechraumen (Beil an Aaxt kënnen an de Block geschloe ginn. NI an de Buedem oder an e Bam haen!)
3. Oppasse beim Schaffen, datt keen aneren an der Geforenzon ass.



# D'Feier um Camp

Dat Éischt, wat eis intresséiert ass d'Feierholz, well e gutt Feier ass net nëmmen ofhängeg vum Scout, mee d'Wiel vum Holz ass och ganz wichteg. Brennholz soll wa méiglech aus der Ëmgéigend geholl ginn.

## *Gutt Holzaarten*

**Bich:**
Bichenholz brennt liicht a waarm, mécht Kuelen an eng gutt Glous.

**Eech:**
D'Eechenholz mécht gutt Holzkuelen an eng gutt Glous. Et brennt allerdéngs net sou liicht wéi d'Bierkenholz.

**Bierk:**
Bierkenholz brennt hell a gëtt vill Hëtzt.

**Ahorn:**
All Ahornaarte brennen a hëtze gutt.

## *Schlecht Holzaarten:*

**Nolenhëlzer:**
Ausser der Kiefer soll een nëmmen Nolenhëlzer benotzen, fir d'Feier unzefänken. Si brenne liicht awer ouni Glous a Kuelen. Och maachen si d'Dëppe vill méi schwaarz a pecheg duerch hiren Haarz, ewéi déi aner Holzaarten.

**Esch-Erl-Lann-Weid:**
All dës Holzaarten brennen zwar liicht, maachen awer keng Glous oder Holzkuelen.

## *Wéi maachen ech e Feier?*

1) Wiel eng gëeegent Plaz; de beschte Buedem fir Feier ass Sand, Kräsi oder Buedem. Et soll ee kee Feier um fielsege Buedem maachen, well d'Hëtzt verursaacht Rëss an hannerléisst elle schwaarz Flecken. Et mécht een ni Feier an engem Dännebësch oder direkt ënnert engem Bam.

2) Et soll ee Steng ëm d'Feier leeën, sou datt d'Feier sech net kann ausbreeden



3) Et soll ee wa méiglech keen naasst oder fiicht Holz benotzen.

Dréchent Reiseg, mat deem een d'Feier ufänkt, fënnt een ëmmer um ënneschten Deel vun de Fichten. Si keng Dänneraiseg ze fannen, kann een sech mat engem Messer Spéin schnëppelen. Ënnert d'Spéin just nach Zeitungspabeier leeën. Sou kann een op d'Benotze vu chemesche Mëttelen (z. B. Benzin, Thinner, Spiritus etc.) verzichten.

4) No an no leet een ëmmer méi déckt Holz op d'Feier.

### *Wéi verloossen ech d'Feierplaz?*

Éier s de d'Feierplaz verléiss, muss d'Feier ganz ausgemaach ginn, am beschte mat Waasser oder Sand. Hutt der d'Feierplaz selwer ugeluecht, da musst der d'Steng an all d'Spueren ewechmaachen, sou datt näischt méi ronderëm läit.

### *Verschidde Methoden, fir e Feier opzebauen*

Allgemeng gëllt: Holz, wat oprecht steet, brennt besser a méi séier wéi Holz, wat läit.


### *Gaalgen- an Dräibeenfeier*

D'Gaalgen- an d'Dräibeenfeier hunn hiren Numm vun der Virriichtung, mat där d'Kachdëppen iwwert d'Feier gehale gëtt.



### *Polynesierfeier*

D'Polynesierfeier bewäert sech besonnesch bei Reen a staarkem Stuerm, wann s de kache wëlls. Mam Spuet gruefs de e kegelförmegt Lach an den Buedem, dat uewe méi grouss muss sinn ewéi däin Dëppen. Ronderëm an d'Lach stells de eng Schicht haart Holz. An d'Mëtt méchs de e Feier aus mëllem Holz (morsch). Wann d'haart Holz gloust, setzt de däin Dëppen op d'Feier.



### *Jeeër-, Trapper- oder Stärefeier*

Bei dësem Feier gëtt d'Holz stäreförmeg an d'Glous geluegt, a jee nodeems, wéi wäit et verbrannt ass, an d'Feier nogestouss. Esou kritt een e Feier ouni grousse Liichtschäin an ouni vill Damp.



### *Hiirdefeier*

D’Hiirdefeier ass déi einfachst Manéier fir ze kachen. Et brennt zwësche gläich héiche Steng, op déi ee bequem säi Kachdëppe stelle kann.



### *Pagoden- oder Lagerfeier*

D’Stécker Holz ginn zu engem Tuerm opgebaut, deen no uewe méi schmuel ausgeet. Fir datt d’Feier gutt ugeet, lees de an d’ Mëtt fir d‘éischt Holzspéin a kleng Äscht, duerno lues a lues ëmmer méi déckt Holz. Du muss drop oppassen, datt genuch Holz an der Mëtt läit, well soss déi déck Stécker Holz, mat deenen den Tuerm opgebaut ass, net brennen an däi Lagerfeier net laang flaamt.



### *Pyramidefeier*

Beim Pyramidefeier ginn d'Äscht a Pyramideform openee geluegt. D'Lach fir d'Feier unzefänken muss op der Säit sinn, vu wou d'Loft kënnt, esou datt d'Flamen op d'Holz geblose ginn.



**Notizen**


Éischt
Hëllef

### *De Prinzip*

Am Noutfall ass jiddereen, entspriechend senge Fähegkeeten, zu Hëllef verpflicht. Am beschten ass et, wann een no dem folgende Prinzip geet: KUCKEN – NODENKEN – HANDELEN.

**Kucken:**
- Wat ass passéiert?
- Wéivill Persoune si verletzt?
- Wat fir eng Verletzunge sinn do?

**Nodenken:**
- Besti weider Geforen fir d'Patienten an déi, déi hëllefen?
- Wat kann a soll ech direkt maachen?
- Sinn Hëllefsmëttelen, aner Leit oder Material op der Plaz?
- Sech organiséieren: ee geet Hëllef sichen, ee bleift beim Verletztene

**Handelen:**
- Oppassen, dass net nach méi Leit verletzt ginn, déi hëllefe wëllen
- D'Plaz vum Accident ofsécheren, an déi Verletzten aus der Geforenzon bréngen
- Den Zoustand vum Verletztenen kontrolléieren:
  Äntwert en?
  Otemt en?
  Blutt en?
  Ass nach Bols do?
- De Verletzte viru Sonn, Reen a Keelt schützen (Rettungsdecken)
- Onnéideg Bewegunge vum Verletztene vermeiden



– Alarméieren: 112 oder 113
– Hei muss de op folgend Froen äntwerte kënnen:
  WOU ass d' Accident geschitt?
  WAT ass geschitt?
  WÉINI ass et geschitt?
  WÉIVILL Verletztener?
  WIE bass de?

Wann s de op all dës Saachen oppass, hues de dem Verletztene scho ganz vill gehollef, well esou déi professionnel Hëllef fir hie besser kann organiséiert ginn.

Dat heescht awer net, dass de bei klenge Verletzungen net och eppes kanns maachen.

Hei sinn nach e puer nëtzlech Informatiounen, wat s de bei méi groussen oder klenge Boboe selwer maache solls.

**Einfach Wonnen:**
Dës Wonne si kleng, net déif, wéineg verdreckst an ouni Friemkierper, si bludden net vill.

*Wat kanns de maachen?*

Onbedéngt direkt d'Wonn mat Waasser auswäschen an dono desinfizéieren. Dono ass et wichteg, dass de d'Wonn schütz, am beschte mat enger Plooschter, Kompress oder engem Verband.

Hautschürfungen: mat Waasser propper wäschen, desinfizéieren an un der Loft dréchne loossen.



**Komplizéiert Wonnen:**
Do ass e Friemkierper dran, si si ganz déif (et gesäit een d'Schank) an si bludde vill.

*Wat kanns de maachen?*

Net upaken, ruff direkt Héllef. Deck d'Wonn mat engem sterilen Duch of, fir dass net nach méi Knascht drakënnt. Géi dann sou séier wéi méiglech bei en Dokter.

Op eng Wonn einfach oder schwéier ass, eng Gefor besteet ëmmer: déi vun der Infektioun!

Déi éischt Zeeche vun enger Infektioun sinn:

- Et deet wéi ronderëm d'Wonn.
- Et gëtt rout ronderëm d'Wonn.
- Eeter sammelt sech ënnert der Haut.
- D'Wonn heelt net.
- Et kritt ee Féiwer.

Bei esou Unzeeche soll een direkt bei den Dokter goen!

### *Insektestéch*

Du kucks fir de Stach ze lokaliséieren a probéiers e mat enger Pincette erauszehuelen. Dono gëtt d'Wonn desinfizéiert a mat Äis oder kale Kompresse gekillt.

Méi geféierlech gëtt et, wann ee bannen an den Hals gepickt gëtt oder wann een allergesch reagéiert. Hei heescht et direkt den 112 uruffen. An Tëschenzäit kann een Äis ze lutsche ginn.

### *Bloderen*

Wéinst der Infektiounsgefor am beschten net oppicken. Wann et awer net anescht geet oder et muss een nach wäit trëppelen, da mat enger gutt desinfizéierter Nol duerch d'Bloder picken. Oppassen, dass keen Dreck drakënnt.

### *Nuesbludden*

De Kapp no vir halen an eppes Kales an d'Genéck leeën. Fir dass et ophält mat bludden, mam Fanger op dat Nueslach drécken, wat blutt.

## *Verbrennungen*

**Et ginn dräi Grade vu Verbrennungen:**

*1. Grad:*
d'Haut ass rout an deet wéi, nëmmen déi iewescht Hautschicht ass ugegraff.

*2. Grad:*
d'Haut deet wéi, si ass rout an si mécht Blosen.

*3. Grad:*
d'Haut ass verkuelt, an och déi méi déif Schichte sinn ugegraff, sou dass et net méi wéi deet, well d'Nerve futti sinn.

**Et gëtt einfach a schlëmm Verbrennungen:**

Eng Verbrennung ass einfach, wann se méi kleng ass wéi d'Fläch vun enger Hand a maximal vum 2. Grad.

Eng Verbrennung ass schlëmm, wann se méi grouss ass wéi d'Fläch vun der Hand a méi déif wéi den 2. Grad. Och Verbrennungen un den Hänn an un de Féiss si schlëmm.

**Wat kanns de maachen?**

Dat hänkt dovunner of, wéi schlëmm dass d'Haut verbrannt ass.

**Bei einfache Verbrennungen:**

- D'Haut ënner fléissendem Waasser während 10 Minutten ouni vill Waasserdrock killen (15°-20°).
- D'Wonn schützen, zoudecken mat enger Kompress, déi regelméisseg gewiesselt gëtt.

Bei groussen an déiwe Verbrennungen solls de direkt bei den Dokter goen, op kee Fall probéieren, eppes selwer ze maachen an och d'Kleeder net vun der Wonn erofrappen!

## *D'Verbänn*

Fro däi Chef, hie kann der weisen an erklären, wéi een se mécht.



## *Schocklagen*

Et ass wichteg, dass een de Verletztenen jee no Problem bequem a richteg leet.

## *De Schock*

Dee kënnt duerch zevill Hëtzt, zevill Bluttverloscht, staark Allergien, ze grouss Verbrennungen asw.

Fir dem Verletztenen seng Bluttzirkulatioun erëm unzereegen, leeë mer e mam Réck flaach op de Buedem an hiewen seng Been liicht an d'Luucht.

## *Otemnout*

Wann ee schlecht Loft kritt, z. B. duerch Asthma, soll den Uewerkierper héichgelagert ginn.



Ass de Verletztenen net méi uspriechbar, leeë mer en an d'stabil Säitelag. Doduerch, dass een him de Kapp iwwerstreckt an hien op d'Säit leet, sinn seng Otemweeër fräi, an d'Erstéckungsgefor ass kleng.

Hei gesäis de, wéi d'stabil Säitelag ausgesäit. Fro däi Chef, hie kann der weisen, wéi et geet.

## Wat alles an d'Patrullenapdikt gehéiert

- 1 Pak breet geschnidde Plooschteren
- 8 einfach steril Kompressen 8 x 10 cm, déi eenzel verpaakt sinn
- 2 Metalinnkompressen
- 1 Rouleau Pechplooschteren, 1,25 x 5 cm
- 2 elastesch Bandagen 6 cm breet
- 2 elastesch Bandagen 8 cm breet
- 2 steril Schnellverbänn 6 x 8 cm breet
- 2 steril Schnellverbänn 8 x 10 cm breet
- 2 Dräiecksdicher
- 1 chroméiert Schéier
- 1 Féiwerthermometer an engem Tube
- 1 Bëschzeckenzaang
- 1 Desinfektiounsmëttel fir d'Behandlung vun iwwerflächlege Wonnen, am beschten op waasserléislecher Basis, well dat net pickt, zum Beispill Cedium. Keen Desinfektiounsmëttel op Jod-Basis wéi Braunol well et kéint een allergesch dorop sinn. Praktesch ass en Desinfektiounsmëttel am Spray.
- 1 essigsauretonerdene Gel wéi Euceta fir Verstauchungen a Prellungen
- 1 Flammazin fir Verbrennungen
- 1 Fenistil géint Insektestéch
- Paracétamol
  250 mg (2-10 Joer, bei Féiwer oder Wéi)

500 mg (+ 10 Joer)
nëmmen 1 mol ginn an da bei den Dokter!

- Vinyl-Händschen
- Rettungsdecken
- Plastikstuten

Virun all Aktivitéit muss d'Éischt-Hëllefs-Trousse kontrolléiert ginn!

Am beschten, et ass ee Responsabel an der Patrull, deen sech ëm d'Trousse bekëmmert!

(Méi Detailer iwwer Hëllef stinn op der Säit ...)

**Notizen:**


# KNIET



## Platte Knuet




Fir zwee Seeler vu gläicher Déckt mateneen ze verbannen. Léisst sech gutt erëm opmaachen, geet awer och gäre vum selwe lass. Ass nëtzlech, fir zwee Seeler provisoresch ze verbannen, ideal an der éischter Hëllef a fir e Brëllage opzehalen.



## Fëscherknuet




Fir zwee Seeler vu verschiddener oder gläicher Déckt mateneen ze verbannen. Hält gutt, ass awer och dofir schwéier erëm opzemaachen, wann e bis ënnert Spannung stoung.



## Wiewerknuet




Fir zwee Seeler vu verschiddener oder gläicher Déckt mateneen ze verbannen. Ka grouss Spannungen ophuelen a léisst sech trotzdeem erëm liicht opmaachen.



## Aachterschléng




Fir e Seel un engem Stéck Holz festzemaachen. Einfach ze maachen, hält net ganz gutt, rutscht gären a ka keng grouss Spannungen ophuelen. Ideal fir e Brëllage unzefänken.



## Rettungsschléng




De Kinnek ënnert de Kniet. Eng Schléng, déi sech net zouzitt an och schwéier Laaschten aushale kann. Wéi de Numm et scho seet, gëtt se gebraucht, fir Leit ze retten, respektiv eropzezéien. Ideal ass et, wann s de dëse Knuet mat enger Hand maache kanns.





## Dueblen Aachter-Knuet

Wann een eng Schléng um Enn oder soss an engem Seel brauch. Gëtt haaptsächlech beim Klammen an am Alpinismus gebraucht.




# Brellage

Fir zwee oder méi Potoen mateneen ze verbannen. Ideal bei Scoutskonstruktiounen.



## Notizen

# ORIENTATIOUN




© Administration du Cadastre et de la Topographie,
Extrait de la carte topographique à l'échelle 1:20.000
Autorisation de publication du 17.07.2003

### *Kaarten*

Et gi verschidden Zorte vu Kaarten, hei hëlt ee jee no deem fir wat fir eng Zwecker een se brauch eng Stroossen-, Touristen- oder Landkaart.


Fir eis Zwecker bei de Scouten konzentréieren mer eis op topografesch Kaarten, och nach 'État Majors'-Kaarten genannt.

Dës ginn a regelméissegen Ofstänn vun der Administration du Cadastre et de la Topographie aktualiséiert an nei gedréckt.

Déi zwee geleefegst Moossstief sinn:

| | |
|---|---|
| 1/50.000 | Dës ginn oft benotzt als Iwwersiichts-Kaarten. (D'Serie besteet aus 2 Kaarten, eng fir de Süden an eng fir den Norden.) |
| 1/20.000 | Dëst si ganz detailléiert Kaarten, ideal fir eis Zwecker. (D'Serie besteet aus 21 Kaarten, déi all e Gebitt vun 130 km$^2$ ofdecken.) |

Dës Kaarte kriss de an all grouss Bicherbutticken, an der Cooperative vun der FNEL a beim Cadaster ze kafen.



1:50.000 L1, L2

Numerotatioun vun der Serie TC:


| | | | |
|---|---|---|---|
| 1 | Troisvierges | 12 | Beckerich |
| 2 | Weiswampach | 13 | Mersch |
| 3 | Wincrange | 14 | Junglinster |
| 4 | Hosingen | 15 | Wasserbillig |
| 5 | Lac Haute-Sûre | 16 | Garnich |
| 6 | Kautenbach | 17 | Luxembourg |
| 7 | Vianden | 18 | Wormeldange |
| 8 | Rambrouch | 19 | Esch/Alzette |
| 9 | Ettelbruck | 20 | Bettembourg |
| 10 | Beaufort | 21 | Mondorf |
| 11 | Echternach | | |

Op dëse Kaarte fënns de all Informatiounen, déi s de brauchs, fir dech um Terrain ze situéieren an ze orientéieren.

De Moossstab vun der Kaart gëtt der Informatiounen iwwert d'Distanzen.

1/20.000 1 cm op der Kaart sinn 200 m a Wierklechkeet.


1 km a Wierklechkeet si 5 cm op der Kaart.




- D'Héichtelinnen (brong Strécher) ginn der den Niveau vum Terrain un. Den Ofstand vun engem Stréch op deen aneren ass a Wierklechkeet 5 Héichte-Meter.





- Déi Haapt-Gebailechkeeten an den Dierfer sinn ënnerschiddlech symboliséiert.








- Bei der Buedemnotzung ënnerscheet een haaptsächlech zwësche Felder a Bëscher.




- All Waasserleef oder Quellen fënns de och erëm. Si si blo agezeechent.




- Mat dat Wichtegst fir eis sinn déi veschidde Weeër a Stroossen.






Chemin Repris. Chemin non classé
*Road. Country road*
*Strasse. Hauptweg*

Chemin
*Track*
*Nebenweg*

Sentier
*Footpath*
*Fussweg*

Allée
*Path*
*Allee*

Tunnel routier. Route bordée d'arbres
*Road tunnel. Tree-lined road*
*Strassentunnel. Baumallee*

Route en remblai ou en déblai
*Road on embankment, in cutting*
*Böschung, Strasseneinschnitt*

Chemin de fer à une voie, en service
*Railways : single track*
*Eisenbahn : eingleisig*

Chemin de fer à deux voies, en service
*Railways : double track*
*Eisenbahn : zweigleisig*

Voie déclassée. Voie de garage ou de service
*Industrial railway. Sidings*
*Anschlussgleis. Verschiebebahnhof*

Voie en remblai ou en déblai
*Track on embankment, in cutting*
*Künstliche Böschung, Eisenbahneinschnitt*

Tunnel ferroviaire. Gare. Passage à niveau
*Railway tunnel. Station. Level crossing*
*Eisenbahntunnel. Bahnhof. Bahnübergang*

Ligne électrique (plus de 65 kV). Pylône
*Electricity transmission line (more than 65 KV). Pylon*
*Hochspannungsleitung (ab 65 KV). Mast*

Conduite
*Pipe*
*Leitung*

Limite d'État avec bornes
*State boundary with markers*
*Staatsgrenze mit Grenzsteinen*


Limite de commune. Limite de section de commune
*Commune boundary. Commune-section boundary*
*Gemeindegrenze. Sektionsgrenze*

Limite d'enceinte militaire. Limite de champ de tir
*Military camp boundary. Boundary of artillery range restricted zon*
*Militärgebietsgrenze*



# De Kompass

De Kompass ass e Gerät, mat deem een d'Himmelsrichtunge bestëmmt. Mir benotzen en, fir eis z'orientéieren iwwerall do, wou mer soss keng oder net genuch Unhaltspunkten hunn.





Mat all Kompass kann ee folgend fundamental Funktiounen ausféieren:

- Anhale vun enger bestëmmter Marschrichtung z. B. nuets, bei déckem Niwwel oder an déckem Gestrëpp, wann s de dech u soss näischt orientéiere kanns.
- Orientatioun mat Kaart a Kompass op engem Terrain, deen s de net kenns.
- Fixpunkten, déi ee gesäit an eng Kaart androen.
- Bestëmmung vu senger eegener Positioun mat Hëllef vu Kaart a Kompass.
- En Hënnernes z. B. Séi, Zone de protection oder décke Bësch ëmgoen.

Dës Technike kriss de op den nächste Säite gewisen.


De korrekte Gebrauch vum Kompass schéckt e puer **allgemeng Regele** viraus, déi een onbedéngt anhale soll:

- De Kompass ass en deiert a sensibelt Instrument, duerfir soll een all Schock vermeiden, souwuel duerch Stoussen wéi och duerch grouss Temperaturschwankungen (ni de Kompass der direkter Sonnestrahlung onnéideg aussetzen).
- Vermeid de Kontakt beim Upeilen, Marschéieren oder Annorden mat Eisen, Stol, Nickel oder Stromleitungen, well si kënnen d'Nol oflenken. Et ass wichteg, dass de dech virun all Gebrauch verséchers, datt däi Kompass net gestéiert gëtt.
- Sicht iech är Objeten, déi der upeilt, zweckméisseg eraus:
  - de Waassertuerm ass zwar e gudde Fixpunkt, denk just drun, datt en net gëeegent ass, fir duerno nach eng weider Peilung ze maachen. Dat selwecht ass de Problem bei engem Héichspannungsmast.
  - peil nëmme Saachen un, déi immobil sinn, eng Kou oder och e Kamion erfëllen heifir net hiren Zweck.
  - wat Distanz tëschent denger Peilung an dir méi grouss ass, wat d'Ofweichung méi kleng gëtt.



▶ Et huet kee Sënn, all 10 Meter eng Peilung ze maachen. Wann et an esou engem Fall net anescht geet, dann hal de Kompass esou virun dech, dass de gutt drop gesäis a géi einfach an där Richtung weider, esou datt d'Nol ëmmer op den Index weist.

**De Prinzip, fir wat e Kompass iwwerhaapt fonktionnéiert** besteet doran, datt eis Äerd sech wéi e grousse Magnéit verhält, an de Südpol vun der Kompassnol automatesch op de magnéiteschen Nordpol weist. Well dësen awer net mat dem geographeschen Nordpol iwwerenee stëmmt, kréie mer hei eng Ofweichung, déi **Deklinaisoun** genannt gëtt.




D'Gréisst vun dëser Deklinaisoun ass jee no der geographescher Lag vu Plaz zu Plaz verschidden, si ass och net konstant, mee ännert vu Joer zu Joer.


Fir Lëtzebuerg läit d'Deklinaisoun am Moment bei 0°54′ an hëlt all Joer ëm 0°6′ of.

Entweder berücksichtegs de dës Ofweichung direkt beim Annorden vun der Kaart oder du hues eventuell d'Méiglechkeet, fir dëst bei dengem Kompass anzestellen.

## *Kaart annorden*

Dëst ass dat Éischt wat s de méchs, wann s de mat Kaart a Kompass schaffs:


1. Du dréins esou laang um Riedchen mat der Graduéierung bis N=0°.
2. Elo lees de de Kompass a Feilrichtung op d'Indikatioun, vum magnéiteschen Norden. (Wann d'Deklinaisoun schonn op dengem Kompass agestallt ass, hëls de d'Indikatioun vum geographeschen Norden.)
3. Elo dréins de d'Kaart esou laang, bis d'Nol (rout Säit) zwëschen de Strécher vum Norden zentréiert ass.



### *Bestëmmung vum Richtungswénkel „Azimut" an der Marschrichtung op der Kaart*

Du wëlls an direkter Linn vun engem Punkt op en anere goen:


1. Fir d'éischt muss de d'Kaart annorden.
2. Du dréis déi 2 Punkten A + B op der Kaart an a verbënns se mat engem Stréch (Bläistëft).
3. Den hënneschten Eck vum Kompaas lees de op de Punkt A (point de départ) an déi lénks Säit laanscht de Stréch deen s de gezunn hues a Richtung vum Punkt B.
4. Elo dréins de esou laang un der Dous, bis dass den Norden op dengem Riedchen (zwee Strécher) mat der Nol, déi no Norden weist (rout Säit), iwwereneestëmmt.
5. Elo lies de beim Index den Azimut-Wäert of.



### *Upeilen a Bestëmmung vun der Marschrichtung*

Dëst setzt viraus, datt s de den Azimut-Wäert virdru selwer ermëttelt hues oder soss matgedeelt krus:

1. Du dréins esou laang un dénger Dous vum Kompass, bis de déi respektiv Graden um Index vum Kompass ofliese kanns.
2. Elo hiefs de de Kompass an Aenhéicht ongeféier 30 cm virun dech (a kucks an de Spigel, wann een op déngem Kompass ass).
3. Du dréins dech mat dem Kompass esou laang, bis den Norde vun der Nol (rout Säit) tëschent den zwee Stré-cher vum Nordkräiz zentréiert ass.
4. Nodeems de elo deng Marschrichtung bestëmmt hues, sichs de der en Objet, deen s de upeile kanns. Dofir kucks de duerch d'Viséier vum Kompass.
5. Duerno gees de bei dësen Objet a peils en neien un, du widderhëls dëst esoulaang, bis de um Ziel ukomm bass.




### *Bestëmmung vun engem sichtbare Punkt op der Kaart*

Vu wäitem gesäis de e Punkt a wëlls deen op der Kaart situéieren:

1. Duerch d'Viséier peils de de Punkt, deen s de bestëmme wëlls, un.
2. Du kucks elo am Spigel an dréins esou laang un der Dous, bis d'Nol (rout Säit) zwëschen de Strécher vum Norden zentréiert ass.
3. Op der Kaart, déi s de agenord hues, dréis de de Punkt op deem s de stees an. Da lees de den hënneschten Eck vum Kompass op dëse Punkt. Elo dréins de de Kompass esou laang ronderëm, bis deng Nol erëm tëschent den zwee Nordstrécher um Riedchen ass.
4. Laanscht déi lénks Säit vum Kompass zitts de eng Linn. De Punkt, deen s de bestëmme solls, läit op dëser Linn.
5. Wann s de de Punkt elo nach nët bestëmme kanns, da widderhuel dat Ganzt vun engem anere Punkt aus. De Schnëttpunkt vun dësen 2 Linnen ass de gesichte Punkt.


Du kanns awer och den Azimut, deen s de gemooss hues, mat engem Geodräieck op der Kaart androen.



## *Ëmgoe vun engem Hënnernes*

Du kanns keng Peilung maachen, well virun der en décken Dännebësch ass oder soss en Terrain, wou s de net duerchgoe kanns oder däerfs.

1. Vun dengem Azimut rechens de 45° of.
2. Du gees schief laanscht däin Hënnernes an ziels deng Schrëtt.
3. Wann s de um Wupp vum Hënnernes ukomm bass, gees de e puer Meter no dengem Azimut.
4. Bass de ganz laanscht d’Hënnernes gaangen, rechens de elo 45° bei däin Azimut derbäi a gees deng gezielte Schrëtt of.
5. Hei ukomm, gees de erëm no dengem Ausgangs-Azimut.




# De Croquis

Zu Lëtzebuerg kanns de op en detailléierte Kaartesystem zréckgräifen. An anere Länner ass dëst awer net ëmmer de Fall. Hei ass der de Croquis eng nëtzlech Ergänzung.

Mir maachen den Ënnerscheed zwëschen:

| | |
|---|---|
| – 2D-Croquis | *Croquis panoramique* |
| – Wee-Croquis | Sprenz |
| – Plang-Croquis | *Croquis topographique* |

Fir e  Croquis ginn déi selwecht Symboler wéi déi vun den topografesche Kaarte gebraucht.




Bei grousse Flächen gebrauche mer folgend Schraffuren.


Op all Croquis soll och eng Kartouche sinn, an där folgend Informatioune stinn:

- Zort vum Croquis
- wat de Croquis duerstellt
- de Sënn/Zweck vum Croquis
- wien e wéini gezeechent huet.

### *2D-Croquis*

Dëse Croquis ass eng perspektivesch Duerstellung vun enger Vue.

D'Zeechnung gëtt vereinfacht doduerch, datt een nëmmen déi wichteg a markant Saachen eenzel opzeechent z. B.: e Schapp, Waasserplaz, Bréck ... déi aner Elementer ginn am Block duergestallt, z. B.: de Bësch, Haiser, Hecken.



### *Wee-Croquis*


De Wee-Croquis gëtt meeschtens benotzt, wann s de keng Kaart bei Hand hues oder wann dës net vollstänneg ass. Du kanns en awer och als Message op engem Raid benotzen.

Dëse Croquis ass eng Duerstellung vun engem Hikewee, deen iwwert Stroossen, Weeër oder kleng Pied féiert.

Hei e puer Regelen, fir e Croquis ze zeechnen:

- Du berücksichtegs keng Himmelsrichtungen. Deng Streck geet vum ënneschte Rand vum Blat riicht bis op den ieweschte Rand.

- Distanzen ginn och net am Moossstab gezeechent.
- All Unhaltspunkten, Wee- oder Stroossekräizunge ginn op dem Croquis agezeechent. Tëschent dëse Punkte solls de ëmmer en Ofstand vun ~ 1,5 cm loossen.
- Bëscher, Dierfer a Wise gi schrafféiert am Block duergestallt.
- Fir d'Weeër oder soss markant Punkte benotze mer déi selwecht Zeechen wéi op den topografeschen Kaarten.



– Du kanns bei bestëmmte Punkten d'Distanz zu dengem Ausgangspunkt androen.

– Um Ufank an um Enn vun all Streck gëtt d'Nordrichtung agezeechent.

De Wee, deem s de nogoe solls, verleeft ëmmer riichtaus. Déi Weeër, déi s de net benotz, gi lénks a riets vun denger Marschrichtung opgezeechent. (Lénks um Bild ass de Wee, wéi en a Wierklechkeet ausgesäit, a riets ass seng Duerstellung am Croquis.)



Eng Sprenz ass eng vereinfacht Duerstellung vun dësem Croquis. Hei ginn d'Weeër just duerch e Stréch ugedeit.



## Notizen




# Koordinaten

D’Lëtzebuerger Land ass an e Koordinatesystem Gauss-Luxembourg agedeelt, d’Unitéit vum Quadrillage (Gitternetz) ass de km. Den Ausgangspunkt vun eisem Koordinatesystem läit a Frankräich, esou datt mer nëmme positiv Koordinaten an eisem Kaartesystem hunn.

D’Extremitéite vun eisem Land leien op:

| | | |
|---|---|---|
| – den Absissen | 49 am Westen | an |
| | 105 am Osten | |
| – den Ordinaten | 57 am Süden | an |
| | 139 am Norden | |




Dës Wäerter sinn op de Bore vun all Kaart agedroen. An de Kaarte selwer fënns de och kleng Kräizer (+), déi d’Schnëttpunkten vun den Absissen an den Ordinaten uginn.

Duerch Indiktioune vu Koordinate kann ee ganz präzis Punkte bestëmmen.

Zesummesetzung vun enger Koordinat:


Déi éischt Zuele fënns de um Bord vun der Kaart


Déi lescht Zuelen ginn um Réimer ofgelies

Wanns de e Réimer bei Hand hues kanns du en elo op der Säit 111 op d'Kaart leeën a mat dësen Zuelen hues du e Beispill:

**70 57 / 118 45**

Absiss Ordinat



Fir d'Koordinat op der Kaart ze lokaliséieren, kann een sech mat engem Lineal oder besser mat engem Réimer hëllefen.

Wann ee mam Réimer schafft, soll een sech ëmmer eng Regel verhalen:


**Fir d'éischt sicht een d'Absiss an dann d'Ordinat**

***Well den Af geet och fir d'éischt bei de Bam, ier en erop-klëmmt.***

Fir eng Koordinat op der Kaart ze sichen, kanns de 2 verschidde Methoden uwenden.

**Bsp.: Du hues eng Koordinat, an du sichs e Punkt.**


1. D'Kaart läit riicht virun der. (D'Gitternetz ass am rechte Wénkel.)
2. Du sichs de Schnëttpunkt vun der Absiss an dem Ordinat a lees de Réimer mat senger Origine op dëse Punkt.
3. Da réckels de de Réimer x Unitéiten op der Absiss no riets an dono x Unitéiten op der Ordinat no uewen.



4. D’Origine läit elo um Punkt, deen s de gesicht hues.

**Bsp.: Du hues e Punkt, an du sichs seng Koordinat.**

1. D’Kaart läit riicht virun der. (D’Gitternetz ass am rechte Wénkel.)
2. Du lees de Réimer op de Punkt, deen s de bestëmme wëlls.
3. Dann zentréiers de de Réimer tëschent de Schnëttpunkte vun den Absissen an den Ordinaten.
4. De Schnëttpunkt, wou d’Origine vum Réimer ass, ergëtt deng Wäerter fir d’Absiss an d’Ordinat.
5. Elo muss de just nach deng Unitéite vun der Absiss an der Ordinat um Réimer ofliesen.




Hei ass e Réimer an Original-Gréisst fir Kaarten am Moossstab 1/20.000.

## Notizen



## De Bësch

Bësch: en Drëttel vun der Fläch vun eisem Land ass Bësch, domat ass Lëtzebuerg dat Land an Europa mam gréissten Undeel vu Bësch! Dovunner ass ongeféier d'Halschent Privatbesëtz, an déi aner Halschent gehéiert de Gemengen an dem Stat. 60 Prozent ??? vun de Lëtzbuerger Bëscher si Lafbëscher, haaptsächlech Eechen a Buchen, de Rescht sinn Nolebëscher, haaptsächlech Fichten an Douglas. Fréier, ier de Mënsch siesshaft ginn ass an Ackerbau bedriwwen huet, war eist Land ganz mat Lafholzbëscher bedeckt.

## *NOLEBEEM*

Bis op de Wakelter a wahrscheinlech och d'Kifer sinn all Nolebeem net „heimesch", dat heescht si sinn aus anere Géigenden heihinner bruecht ginn.

### *1) Fichte* *(Picea Abies, Ficht, Fir, Épicéa)*

D'Ficht ass hei am Land den heefegsten Nolebam, besonnesch nom leschte Krich sinn der immens vill ugeplanzt ginn. D'Holz gëtt haaptsächlech als Bauholz benotzt (Dachgespär). Den Ënnerhalt vu jonke Fichtebëscher ass ganz einfach a kascht net vill Geld, si wuesse ganz séier, an doduerch sinn se kuerzfristig ganz rentabel. Dat ass de Grond, firwat een haut esou vill Fichtebëscher fënnt. Et muss een awer soen, datt d'Gefor grouss ass, datt de Bëschbuedem duerch d'Fichte futti gemaach gëtt. Och sinn d'Fichtebëscher nëmme fir e puer Planzen- an Déierenzorten e gëeegente Liewensraum, doduerch sinn se ekologesch éischter ouni Wäert.



***2) Douglasie*** *(Pseudotsuga Menziesii, Douglas, Douglas-Ficht, Sapin de Douglas)*

D'Douglas gouf géint 1900 aus Amerika matbruecht, si wiesst nach méi séier ewéi d'Ficht, verdréit d'Dréchent nach besser an ass frou mat sonnegen a waarme Lagen. D'Holz gëtt och um Bau gebraucht an zum Deel ginn och Miwwelen draus gemaach. Fir de Rescht huet si déi selwecht No- a Virdeeler wéi d'Ficht och.



### 3) **Waldkiefer** *(Pinus sylvestris, Bëschkifer, Pine, Pin Sylvestre)*

Hautdësdaags ginn hei am Land bal keng Kifere méi ugeplanzt, well all eis Biedem ze gutt sinn an doduerch méi wäertvoll Holzaarten drop wuesse kënnen. Obwuel een och bei eis vill Miwwelen aus Kifernholz kafe kann, fënnt ee bal kee Miwwel, deen aus Kifernholz aus eiser Géigend gemaach gouf. Dëst huet eng einfach Ursaach, et ass ze mëll well Kiferen duerch eist mëllt Wieder ze séier wuessen. D'Holz, dat an der Schräinerei gebraucht gëtt, ass meeschtens aus skandinavesche Länner, wou et, bedingt duerch déi laang a kal Wanteren, méi lues gewuess ass an doduerch vill méi haart gouf. Doduerch kënnt et, datt d'Kifernholz hautdësdaags net méi vill wäert ass.

Dat war awer net ëmmer esou! Fréier, wéi d'Minett nach an ënnerierdesche Galerien ofgebaut gouf, wor d'Kifernholz ganz gefrot. D'Galerie sinn ebe just mat Kifernholz ofgestäipt ginn, well et déi eenzegt Holzaart ass, déi laang ier se brécht, fuerchtbar a ganz haart kréckelt a kraacht, Kiferpotoe waren de Männer an de Grouwen hir Alarmanlag.



### *4)* ***Lärche*** *(Larix decidua, Mëläs, Larch, Mélèze d’Europe)*

D’Nole vun der Mëläs fierwen sech am Hierscht giel a falen am Wanter ganz erof, et ass den eenzege Nolebam, dien am Wanter seng Nole verléiert. Dës Bamaart ass aus den Alpen heihinner bruecht ginn a verdréit d’Keelt an aarm Biedem relativ gutt. D’Holz gëtt virun allem am Aussebau gebraucht, well et ganz resistent géint Fäulnis a Reen ass. Et ass och ganz onëmpfindlech géint Saieren a gëtt dofir zum Beispill geholl, fir Héichsiloen ze bauen.



### *5) Buche* *(Fagus sylvatica, Bich, Beech, Hêtre)*

D'Buch ass die bei eis am meeschte verbreetene Bam, si ass charakteristesch fir d'Géigend vum Lëtzebuerger Sandsteen, mee si ass awer och an allen anere Géigende vum Land ze fannen.

Mam Holz vun der Buch ginn haaptsächlech Miwwele gemaach, et gëtt ganz oft benotzt, fir Schoulmiwwelen ze maachen, well et sech gutt verforme léisst mee trotzdeem zimlech haart ass. Méi schwaacht Bichenholz gëtt an der Pabeierindustrie verbraucht, an et ass dat am meeschte gefrotent Brennholz.



### *6)* ***Eiche*** *(Quercus spec., Eech, Oak, Chêne)*

No der Bich ass d'Eech déi Bamaart, déi bei eis am meeschten ze fannen ass.

Besonnesch op der Musel an op de schwéire Leembiedem tëscht dem Éislek an dem Lëtzebuerger Sandsteen fënnt een se vill an de Bëscher.

Un sech fënnt een dräi Eechenzorten hei am Land: d'Stilleech an d'Drauweneech, déi et säit éiwegen Zäite bei eis gëtt an och nach déi amerikanesch Routeech, déi viru gutt honnert Joer aus Amerika agefouert gouf.

Aus dem Holz gi virun allem Miwwele gemaach, dat dënnt Holz gëtt zu Pabeier verschafft, an och als Brennholz ass et ganz gutt, mee net esou beléift wéi d'Bichenholz, well et sech e bësse méi schwéier räisse léisst.



Am Éislek fënnt ee ganz vill Louhecken; dat sinn Eechebëscher, déi ëmmer rëm am Alter vun +/- 30 Joer ofgeholzt goufen, „op de Stack gesat". Aus deene Stäck sinn duerno erëm nei Driffer ausgeschoss, déi dann no 30 Joer erëm ëmgehae goufen. Eechen, bei deenen 3 bis 5 eenzel Stämm aus enger Wuerzel wuessen, nennt een dofir „Stackausschlag". D'Schuel, och nach Lou genannt, gouf vun de Loustaangen erofgeschielt, „geschlass". Dës Schuel gouf dunn u Gierwereie verkaaft, déi gemuele Lou gebraucht hunn, fir aus den Hait vun Déiere Lieder ze maachen.

Bis ufanks vun de 50er Joere woren am Éislek vill grouss Gierwereien, mee du goufen déi Gierfstoffer, déi an der Lou sinn duerch Chemikalien ersat, an d'Lou gouf net méi gebraucht. D'Gierwereien sinn an d'Géigende vun de Chemiesfabrike geplënnert an hu bei eis missen zoumaachen. Doduerch datt et sech net méi rentéiert, an d'Louhecke schaffen ze goen, sinn se haut meeschtens iwwereelzt, an et steet ze vill Holz dran, dofir gëtt hire Gesondheetszoustand vu Joer zu Joer ëmmer méi schlecht.

### *7) **Hainbuche** (Carpinus betulus, Hobich, Hornbeam, Charme)*

D'Hobich fënnt een och iwwert d'ganzt Land verspreet, si ass liicht duerch hir knubbeleg-gewellte Schuel ze erkennen. D'Holz vun der Hobich ass immens haart an ass dofir fréier vill geholl ginn, fir Drechselaarbechten a fir Deeler, déi enger mechanescher Belaaschtung ausgesat waren, d'Keeleklatzen sinn och haut nach aus Hobichenholz gedréint. Soss gëtt et bal net méi gebraucht, an obwuel et dat beschte Brennholz ass, wëllen d'Leit et net well et extrem schwéier ze räissen an ze schneiden ass.

Well et eng Holzaart ass, déi näischt erabréngt, ginn d'Hobiche meeschtens kleng gehal an dofir ass et rar, datt ee grouss Exemplairen am Bësch fënnt. Meeschtens stinn se ënnert Eechen, fir déi „anzekleeden", d.h. doduerch datt déi déck Eeche rondrëm vun Hobichen ëmwuess sinn, kritt

hire Stamm vill Schiet. Dat ass wichteg, well den Eechen, wann  zevill Sonn un hire Stamm kënnt, op der ganzer Längt vum Stamm Äscht wuessen; an doduerch hiert Holz u Wäert verléiert.

Dat sinn déi dräi wichtegst Lafbamaarten bei eis am Land, natierlech ginn et nach Dozenden anerer, déi mer hei net all kënnen am Détail virstellen.

Vun e puer weise mer awer nach d'Biller, datt der se kënnt am Bësch erëmkennen.



**8) Esche** *(Fraxinus excelsior, Esch, Ash-Tree, Frêne)*



**9) Bergahorn** *(Acer pseudoplatanus, Aaschtert, Sycamore, Érable Sycomore)*



***10) Birke*** *(Betula pendula, Biirk, Birch, Bouleau)*



***11) Vogelbeere*** *(Sorbus auccuparia, Bënzelter oder Vullekiischt, Mountain-Ash, Sorbier des Oiseleurs)*



**Notizen:**

# D'Déieren an eiser Natur

Op dëse Säiten stelle mer dir eis einheimesch Säugedéieren a Vulle fir, déi s de bei dengen Aktivitéiten an der Natur begéine kanns. Um Enn vun dëser Rubrique hu mer der e puer blank Säite gelooss, fir dës Rubrik ze kompletéieren.

*(H = Héicht;  L = Längt; G = Gewicht;)*

## *A - FLEESCHFRIESSER*

***Duess*** *(Dachs, Meles meles, Blaireau d'Europe)*

H: 20-30 cm; L: 60-85 cm; G: bis 20 kg

Den Duess ass gro mat wäiss a schwaarz gemëscht.

Vun der Schnëss bis bei d'Oueren huet e schwaarz a wäiss Längssträifen.

Hien ass en Allesfriesser. Mir treffen hien iwwerall am Land. Hien hält eng Wanterrou (kee Wanterschlof).



***Fuuss*** *(Rotfuchs, Vulpes vulpes, Red fox, Renard)*

H: 35-40 cm; L: 100-140 cm; G: 5-9 kg


De Fuuss huet ee rout-orangt bis brongt Fell.

Hie frësst kleng Säugedéieren, Insekten a wëll Friichten.

Hie kënnt am ganze Land vir.

**!!! OPGEPASST !!!**

Wann der engem Fuuss begéint, deen net fortleeft, besteet d'Gefor, dass en d'Tollwut huet. Dréint léiwer ëm a gitt en anere Wee.




***Kéiseker*** *(Däreldéier, Igel, Erinaceus europeus, Hedgehog, Hérisson)*

H: 2-5 cm; L: 20-30 cm; G: 1,2 kg

D'Däreldéier ass gro-brong mat Stachelen iwwert de ganze Réck verdeelt.

Et ernährt sech vun Insekten, Larwen, Friichten a Schleeken.

Et hält e Wanterschlof a mir begéinen et a ganz Lëtzebuerg.




***Mauswisel***

*(Mauswiesel, Mustela nivalis, Weasel, Belette)*

H: 5-7 cm; L: 20-22 cm; G: 50-170 g

D'Mauswisel huet e rout-brongt Fell.

Et ernährt sech vu Mais an anerem klenge Gedéiesch.

Et ass iwwerall am Land ze fannen.




***Otter*** *(Otter, Lutra lutra, Otter, Loutre)*

H: 35-50 cm; L: 60-80 cm; G: 6-20 kg

Den Otter ass brong mat engem helle Bauch.

Hie lieft beim Waasser an ernährt sech vu Fësch, Fräschen, Kriibsen, Raten an Eeër.

Mir fannen en nach just seelen am Éislek, laanscht d'Atert, d'Äisch, d'Mamer an d'Schwaarz Ernz.




***Steemarder*** *(Hausmarder, Martes foina, Beech Marten, Fouine)*

H: 25 cm; L: 40-50 cm; G: 1,2-2,1 kg

De Steemarder ass gro-brong bis schwaarz-brong mat engem wäisse Fleck um Hals.

Hien ernährt sech haaptsächlech vun As, Bieren, Eeër, klenge Säugedéieren a Vullen.

Hien ass nuetsaktiv a kënnt am ganze Land fir (op Späicheren an a Scheieren.



## B - PAARHUFER


***Hirsch*** *(Rothirsch, Cervus elaphus, Red Deer, Cerf)*

H: 120-150 cm; L: 165-250 cm; G: bis zu 250 kg

Den Hirsch ass rout-brong gefierft.

Hien ernährt sech haaptsächlech vu Grieser, Blieder, Kräider, Knospen, Bamschuelen an ass dämmerungsaktiv.

Den Hirsch lieft a Ruddelen a kënnt ëm de Stauséi, dem iewechten Ourdall an an der Géigend Miersch-Ettelbréck-Mëllerdall vir.



***Réi*** *(Reh, Capreolus capreolus, Roe Deer, Chevreuil)*

H: 60-90 cm; L: 95-130 cm; G: bis 25 kg

D'Réi huet e rout-brongt Fell an ass dämmerungsaktiv.

Et frësst Grieser, Blieder, Kräider, Knospen a Bamschuelen.

Mir begéinen et a ganz Lëtzebuerg op der Gewan an an de Bëscher.




***Wëll-Schwäin*** *(Wildschwein, Sus scrofa, Wild Boar, Sanglier)*

H: 85-120 cm; L: 110-155 cm; G: bis 200 kg

D' Fell vum Wëll-Schwäin ass donkelgro bis schwaarz-brong.

Et ass en Allesfriesser a nuetsaktiv.

Mir fannen et am ganze Land, wou et a Ruddele lieft.



## C - NAGETIERE

***Hues*** *(Feldhase, Lepus capensis, Brown Hare, Lièvre Brun)*

H: 7-10 cm;
L: 50-60 cm;
G: 3-7 kg





Den Hues ass brong-giel, Eenzelgänger a lieft um Feld an enger Kailchen.

Hie frësst Grieser a Blieder.

Mir fannen hien a ganz Lëtzebuerg.

***Kanéngchen*** *(Wildkaninchen, Oryctolagus cuniculus, Rabbit, Lapin)*

H: 4-7 cm;
L: 34-45 cm;
G: 1,3-2 kg




D'Kanéngchen huet e grot Fell mat engem wäisse Bauch.

Si lieft mat der Famill am Bau an ernährt sech vu Planzen, Grieser a Blieder.

Mir treffen se am ganze Land.

**Kaweechelchen** *(Eichhörnchen, Sciurus vulgaris, Red Squirrel, Écureuil)*

H: 15-25 cm; L: 44-52 cm; G: 210-400 g

D'Fell vum Kaweechelche variéiert vu brong-rout bis schwaarz mat engem wäisse Bauch.




Et ernährt sech vu Som vun de Beem, Knospen an et geet Vullenäschter raumen.

D'Kaweechelchen hält eng Wanterrou a kënnt am ganze Land vir.

## Notizen

# D'Vullen an eiser Natur

*(H = Héicht;  L = Längt; G = Gewicht;  Sw = Spannwäit)*

***Blaumeise*** *(Blaumeise, Parus caeruleus, Blue Tit, Mésange Bleue)*

L: 11,5 cm

Si huet en hellbloe Kapp mat wäisse Baken, e grénge Réck an eng giel Broscht.

Am Summer frësst se Insekten an am Wanter Bieren, Nëss a Som.

Si leet zwëschen 9-13 Eeër am Joer, opgedeelt an 2 Bruten.



***Bontspiecht*** *(Buntspecht, Dendrocopos major, Grest Spotted Woodpecker, Pic Épeiche)*

De Bontspiecht huet schwaarz-wäiss Fiederen a rout Flecken um Genéck an um Hënner.

Hien trommelt mam Schniewel, fir eng Hiel ze man.

En ernäährt sech vun Insekten, Som a Bieren.

E leet 5-7 Eeër am Joer.



***Elster(Kréi)*** *(Elster, Ica pica, Magpie, Pie bavarde)*

L: 45-47 cm
D'Kréi ass schwaarz mat wäiss.
Si ass en Allesfréisser, leet 6-7 Eeër am Joer an ass iwwerall am Land ze fannen.



***Kueb*** *(Saatkrähe, Corvus frugilegus, Rook, Corbeau Freux)*

L: 46 cm
De Kueb ass schwaarz a leet 4-5 Eeër am Joer.
Hien ass en Allesfréisser

Hien ass am ganze Land opzefannen.



***Groräer*** *(Graureiher, Ardea cinera, Grey Heron, Héron Cendré)*

H: 90 cm

De Groräer lieft bei Weieren a Baachen.

Hien ernährt sech vu Fësch, Maisercher, Amphibien, Reptilien an Insekten.



***Kohlmeise*** *(Kohlmeise, Parus major, Great Tit, Mésange Charbonnière)*

L: 14 cm

Hien huet e schwaarz-wäisse Kapp, e grénge Réck a säi Bauch ass giel mat schwaarz-grénge Laangssträifen.

Am Summer frësst se Insekten an am Hierscht Bieren a Som.

Si leet zwëschen 12-20 Eeër, opgedeelt an 2 Bruten.



***Schmuelef, Schmuebel*** *(Rauchschwalbe, Hirundo rustica, Swallow, Hirondelle de Cheminée)*

L: 19 cm

Schmuelef baut hir Näschter aus Bulli a Spaut a Ställ an an anere Gebäier.

Enn August – Ufank September flitt d'Schmuelef an Zentralafrika, fir Enn Abrëll rëm zréckzekommen.



***Spatz*** *(Feldsperling, Passer montanus, Tree Sparrow, Moineau Friquet)*

L: 14,5 cm

Hien huet e groe Kapp, e schwaarzen Hals, e brong gesträifte Réck an eng wäiss Broscht.

Hien ass en Allesfriesser a bréit 2-4 x am Joer all kéiers zwëschen 3-6 Eeër.



***Hingerdéif*** *(Mäusebussard, Buteo buteo, Buzzard, Buse Variable*

Sw: 100-120 cm

Uewen ass den Hingerdéif brong-gro an um Bauch hellgro mat donkle Sträifen. (Et gëtt vill Faarfvariatioune vu wäiss bis donkelbrong.)

Hien ernährt sech ë. a. vu Feldmais.

Hie leet 3-5 Eeër am Joer.



***Kauz*** *(Waldkauz, Strix aluco, Tawny Owl, Chouette Hulotte)*

H: bis 34 cm

Dem Kauz säi Fiederkleed ass gro-brong.

E frësst kleng Nager a kleng Vullen, deenen hir Reschter (Knachen a Pelz) mir am Eilekatz (Gewölle) erëmfannen.

E leet 2-5 Eeër am Joer.



***Kréichel*** *(Turmfalke, Falco tinnunculus, Kestrel, Faucon Crécerelle)*

Sw: 70-80 cm

Uewen ass d'Kréichel raschteg-rout mat schwaarze Punkten, um Bauch ass se beige mat schwaarze Flecken. (Et erkennt een se och um „Rüttelflug", bei deem se op enger Plaz an der Loft stoebleift.)

Si frësst Mais, kleng Vullen, Insekten an Eidechsen.

Si leet 5-6 Eeër am Joer.



***Tureil*** *(Schleiereule, Tyto alba, Barn Owl, Chouette Effrayé)*

L: 34 cm

D'Tureil huet e beige Réck mat groe Flecken an ass um Bauch wäiss bis brong-giel mat Flecken.

Si lieft haaptsächlech an Dierfer a Stied (Kierchtierm, Späicheren, Scheieren, asw.), wou se sech vun Nagedéieren ernäährt.

Si leet 4-6 Eeër am Joer.



***La Maison de la Nature a.s.b.l.***


*Centre de Protection de la nature Luxembourg Kräizhaff*
*Route de Luxembourg – L-1899 Kockelscheuer*
*Tel. 29 04 04-1 – Fax 29 05 04*
*E-mail: secretary@luxnatur.lu – www.luxnatur.lu*

## Notizen

# ASTRONOMIE

## *D'Sonnesystem*

D'Sonnesystem ass eng Unzuel vu Planéiten a Mounden, déi ronderëm d'Sonn dréinen, an déi duerch hir Schwéierkraaft an der Bunn gehale ginn.




## *D'Planéiten*

An eisem Sonnesystem ginn et néng Planéiten. Si heeschen:

Merkur, Venus, Äerd (Erde), Mars, Jupiter, Saturn, Uranus, Neptun a Pluto.

Fir dës Reiefolleg ze verhalen, gëtt et e ganz einfachen Trick: dir musst iech just dëse Saz verhalen: Mein Vater erklärt mir jeden Sonntag unsere neun Planeten. All Ufanksbuschtaf vun deem Saz entsprécht engem Planéit. Dat heescht: Mein = Merkur, Vater = Venus, erklärt = Erde asw...

All dës Planéiten ëmkreesen d'Sonn an enger Ëmlafbunn. Eis Äerd brauch 365,24 Deeg fir eng Kéier ronderëm d'Sonn ze dréinen. Doduerch entstinn och d'Joreszäiten. All 4 Joer hu mer duerch déi 0,24 e „Schaltjoer", fir dass et mat den Deeg opgeet. D'Äerd dréint och ëm hir eegen Achs, dofir brauch se 24 Stonnen fir en Dag an eng Nuecht.

### *D'Mëllechstrooss*

Eist Sonnesystem ass nëmmen e klengen Deel vun der Mëllechstrooss. Ee Stéck vun hir kanns de an enger klorer Nuecht um Himmel gesinn.


### *D'Stärebiller*

Vill Stären déi s de owes um Himmel observéiere kanns, sinn a bestëmmte Musteren agedeelt. Déi al Griichen hunn hinne virun 2000 Joer Nimm ginn, zum Beispill de Groussen an de Klenge Won (och heiansdo Bier genannt), den Orion, d'Kassiopeia, de Skorpioun, d'Schlaang an de Jeeër ...



### *De Polarstär*

De Polarstär weist den Norden un. Hien ass net deen hellste Stär um Himmel, wéi oft ugeholl, mee hien ass trotzdeem liicht ze fannen. De ganze Stärenhimmel gesäit zu deene verschiddene Joreszäiten anescht aus, well d'Äerd dréint.



Mee de Polarstär bleift ëmmer op där selwechter Plaz, well hien zimlech an der Achs vun der Äerd läit an all déi aner Stäre ronderëm hien „dréinen".

## *Wéi fënns de de Polarstär um Himmel erëm?*

Et geet duer, wann s de de Grousse Won um Himmel fënns. Hien ass zimlech einfach ze fannen, well seng Stären hell liichten, an hie gesäit e bëssen aus wéi eng Casserole.

Dann hëls de d'Distanz tëschent den „hënneschte Rieder" vum Grousse Won a verlängers dat 5 mol no uewen. Do fënns de dann de Polarstär an kanns den Norden mat him bestëmmen.

## *D'Äerd*

D'Äerd ass den 3. Planéit vun der Sonn ewech. Mir sinn net ze no bei der Sonn, sou dass mer net verbrennen an awer net ze wäit ewech, sou dass et nach waarm genuch ass. Am Laf vun der Zäit huet sech ronderëm d'Äerd eng Atmosphär gebillt an dofir kënne mer hei liewen.

D'Äerd ass am Verglach zu deenen anere Planéiten zimlech kleng:

| Planéit | Ofstand zur Sonn (Mio km) | Ëmlafzäit (Joer) | Duerchmiesser (km) | Rotatiounszäit (Stonnen) |
|---|---|---|---|---|
| Merkur | 58 | 0,24 | 4880 | 1407,60 |
| Venus | 108 | 0,62 | 12100 | 5832,50 |
| Äerd | 150 | 1,00 | 12756 | 23,93 |
| Mars | 228 | 1,88 | 6790 | 24,62 |
| Jupiter | 778 | 11,87 | 142700 | 9,93 |
| Saturn | 1429 | 29,46 | 120540 | 10,50 |
| Uranus | 2875 | 84,01 | 51120 | 17,24 |
| Neptun | 4500 | 164,79 | 49500 | 16,11 |
| Pluto | 5900 | 248,00 | 2280 | 153,30 |


D'Äerd huet nach e Begleeder, deen der an der Nuecht an och heiansdo am Dag kënnt gesinn: de Mound.

De Mound dréint ronderëm d'Äerd, well hie vun hirer Schwéierkraaft ugezu gëtt. Hien huet en Duerchmiesser vun 3.476 km an ass 384.446 km vun der Äerd ewech. Hien ëmkreest d'Äerd a 27 Deeg, 7 Stonnen an 43 Minutten.

Mir gesinn de Mound esou gutt, well hie vun der Sonn beliicht gëtt an dat Liicht reflektéiert. Deemno wou de Mound grad ass, geheit d'Äerd e Schiet op hien, well d'Sonn hannendru steet. Dofir gesäit de Mound ëmmer anescht aus (verschidde Moundphasen).



Wann d'Äerd, de Mound an d'Sonn an enger Linn stinn, entsteet eng Moundfinsternis oder eng Sonnefinsternis. Bei der Moundfinsternis steet d'Äerd tëschent dem Mound an der Sonn a geheit de Schiet vollstänneg op de Mound. Wann de Mound tëschent der Äerd an der Sonn steet a mir d'Sonn dofir net méi gesinn, entsteet eng Sonnenfinsternis.



### *D'Sternschnuppen*

Dat si kleng Stécker aus Eisen a Fiels vun de Meteoren, déi ofbriechen an da bei eis an d'Atmosphär falen. Wann se do erakommen, da verbrennen se, an dofir kënne mer se an der Nuecht gesinn. Vergiess net, der eppes ze wënschen, wann s de eng gesäis, well si bréngen Gléck.

### *D'Liichtjoren*

Fir grouss Distanzen am Universum ze berechnen, hëlt ee Liichtjoren. E Liichtjoer ass d'Streck, déi d'Liicht an engem Joer zréckleet, dat sinn 300.000 Kilometer pro Sekonn. Zum Beispill brauch d'Liicht vun der Sonn 8 Minutten, bis et bei der Äerd ukënnt.




## 2. Klass

Nom Tenderfoot kënnt op dengem Scoutswee déi 2. Klass. An heifir muss de dës Punkten erfëllen:

- Du kenns den Opbau vun dengem Grupp (déi verschidde Branchen an hir Cheffen).

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du kenns déi 12 Kantoner a weess och, wou se leien.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du kenns déi wichtegst Adressen an denger Uertschaft (Apdikt, Dokter, Gemeng, Police ...).

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du hëls eng Charge an der Patrull un (Patrulleclasseur, Apdikt, Keess, Material an de Patrullefändel).

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du organiséiers eng Versammlung + eng BA déi s de mat denger Patrull duerchféiers.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du weess, wéi äert Patrullenzelt opgeriicht gëtt a wéi et ënnerhal gëtt.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du weess richteg mat ärem Patrullematerial ëmzegoen (Beiler, Seeën a Kichematerial).

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du weess e Biwak mat Brëllage fir deng Patrull opzeriichten.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du kanns 1. Hëllef a weess mat der Patrullenapdikt ëmzegoen (Dreiecksverband, Desinfektioun a Plooschteren).

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du weess dech mat Hëllef vu Kaart a Kompass ze orientéiren.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du kanns bei all Wieder e Feier maachen an drop kachen an du kenns déi verschidden Holz- a Feierzorten.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du kenns de Morsecode a verschidde Geheimschrëften.

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du kanns engem neie Scout/Guide Kniet bäibréngen (Platte Knuet, Achterschléng, Brëllage, ...).

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du organiséiers e flott Spill oder Nuetsspill an du féiers et mat der Patrull duerch (mindestens 1 Stonn).

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du weess d'Bedeitunge vun der Fleurs de Lys a kanns d'Symboler erklären.

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du muss 5 Nuechten dobausse geschlof hunn.

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Och solls de folgend Badger schonns hunn :
  – Orientatiounsbadge
  – 1. Hëllef
  – Kachbadge
  – Knietbadge

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

Wann s de all dës Punkten beherrschs, kriss de deng 2. Klass. Elo kanns de dech op d'éischt Klass virbereeden.




## 1. Klass

Als Ofschloss vun denger Scoutscarrière steet d'éischt Klass.

Hei solls de deng Fähegkeeten an Erfahrungen aus dengem Scoutsliewe beweisen, andeems de:

- E Resumé iwwer dem BP säi Liewe schreifs.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Engem jonke Scout/Guide den Tenderfoot, d'Scoutsgesetz an d'Verspriechen erkläers an si während hirem éischte Joer an der Trupp ënnerstëtz.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Eng Patrullensortie organiséiers.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- E W.E. fir deng Patrull organiséiers (Ravi, Material, Programm, Décompte, Rapport)

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du weess eng Patrullekichen opzeriichten, drop ze kachen an den S/G déi neideg hygienesch Regele matzedeelen.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du kanns denger Patrull Kaart a Kompass erklären an dat Ganzt mat hinne während engem Trajet duerchféieren.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du erkläers deenen aneren S/G déi wichtegst Kniet a féiers se während enger Aktivitéit duerch (Schongknuet, Platte Knuet, Wiewerknuet, Fëscherknuet, Aachterschléng, Rettungsschléng, Seelverkierzung, Brëllage).

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Natur: Du kenns déi heefegst Beem, Planzen an Déiere vu Lëtzebuerg an du kanns se erëmerkennen. Du respektéiers weiderhin d’Natur a setz dech fir se an.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du muss 20 Nuechten dobausse geschlof hunn.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du kanns während engem Trajet e Croquis vun engem Deel vun engem Wee opzeechnen.

Wann s de all dës Punkten duerchgefouert hues, bleift der just nach den Hike.

Den Hike vun der 1. Klass solls de mat engem oder 2 aneren S/G zesumme maachen. Fir datt esou en Hike eng flott Aktivitéit gëtt, ass et wichteg, dass der e richteg organiséiert, andeems der all déi Punkten, déi der an ärem Scoutsliewe geléiert hutt richteg uwend.

Hei déi wichtegst Regele fir den Hike:

- Ären Hike soll mindestens 24 Stonnen daueren.
- Dir sollt ären Trajet selwer op der Kaart bestëmmen an d'Coordinaten ausrechnen.
- De Ravi fir de ganzen Hike opstellen an dat néidegt Material fir de Biwak an d'Traperkiche mathuelen.
- Ären Hike mat Fotoen dokumentéieren (Biwak, Traperkichen an Natur).
- En Album opstellen mat deene verschiddene Blieder vu Planzen aus der Géigend.
- Eng Declaratioun vun ärem Hike mat ärem CT ausfëllen an dës 14 Deeg am Viraus un d'Commissariat S/G schécken (Programm, Trajet, Nuetsplaz).
- Nom Hike e Rapport schreiwen fir an är Gruppenzeitung oder Classeur mat engem panoramesche Croquis vun ärer Nuetsplaz derbäi.

# BADGER





***Animatioun:***

– Du kenns 5 Scoutslidder auswenneg an du kanns denger Patrull se bäibréngen.

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du kenns 10 Spiller an d'Spillregelen an du weess, wéi se ze gebrauche sinn.

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du schreifs en Text op eng bekannt Melodie an du bréngs denger Patrull e bäi (z. B. iwwert e Camp).

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du kanns spontan Zäit  mat Spiller opfëllen (z. B. op der Gare).

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du preparéiers an animéiers eng Veillée fir bannen oder baussen an du hues e roude Fuedem dran (Spiller, Sketcher a Lidder).

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________



***Athlet:***

– Du weess, wéi een sech virun enger Kompetitioun richteg waarm mécht (Lafübungen, Dehnen).

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du organiséiers e Frühsport.

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du probéiers, folgend Rekorder ze briechen:

| | Scout | Guide |
|---|---|---|
| - 60 m Sprinten | 11 s. | 12 s. |
| - 8 km Joggen | 1 St. | 1 St. |
| - Héichsprong | 1,00 m | 0,90 m |
| - Wäitsprong | 3,5 m | 3,0 m |

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du weis Fair Play am Sport.

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________



***Equipesport:***

- Du kenns d'Spillregele vun op d'mannst 5 Equipesportaarten.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du kanns e Spill leeden an d'Feeler erklären.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du weis Fair Play an du kanns erklären, wat et ass (Scoutsgesetz).

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du organiséiers eng Miniolympiad:
  - Du organiséiers dat richtegt Material
  - Du erkläers d'Regelen
  - Du leeds dat Ganzt
  - Du méchs de Pointage

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________



***Handwierker:***

- Du weess, wat vun Handwierksgeschir am Materialsall vun dengem Grupp ze fannen ass, du kanns et botzen an kenns d'Geforen.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du méchs eng Patrullenhandwierkskëscht a këmmers dech drëm.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du hëllefs bei den handwierklechen Aarbechten an dengem Scoutslokal während 1 Trimester (z. B. Schaff W.E., Usträichen + Material flécken).

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du méchs eng kleng handwierklech Aarbecht (Bastel) fir deng Patrull (wéi z. B. eng Schnëtzelaarbecht, Patrullepanneau oder eng elektresch Schaltung = Morseapparat).

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________



***Astronomie a Meteorologie:***

– Du kanns dech un Hand vum Stärenhimmel orientéieren an kenns op d’mannst 3 Stärebiller.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du kenns den Ënnerscheed zwëschent engem Planéit an engem Stär.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du baus eng Sonnenauer oder eng Maquette mat de Planéite vun eisem Sonnesystem.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Mat Hëllef vun Thermometer a Barometer schreifs de während 1 Mount d’Temperatur an d’Loftfiichtegkeet dobaussen op. Du stells mat deene Wäerter en Diagramm op.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du kenns eist Sonnesystem a kanns denger Patrull et erklären.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du kanns folgend Termen erklären (Héichdrock, Déifdrock, Waarm- a Kalfront, Donst, Atmosphär, Wand).

*Datum an Ënnerschrëft:* _________ __________________

– Du kanns verschidde Wolleken opzielen an se rëmerkennen wéi z. B. (Zirrus, Stratus, Kumulus).

*Datum an Ënnerschrëft:* _________ __________________





### *Infirmerie:*

- Du weess, wéini een den 112 urifft a wat fir eng Informatiounen ee muss weiderginn.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du kenns déi wichtegst Organer vun dengem Kierper.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du kenns folgend Verletzungen a weess, wéi se ze behandele sinn:
  Nuesbludden
  Bloderen
  Hautschrummen
  Verbrennungen an hir eenzel Graden
  Offe Wonnen
  Verstauchungen

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du kenns folgend Verbänn:
  Normale Verband
  Drockverband
  Dräiecksverband (Foulard)
  Kappverband

  *Datum an Ënnerschrëft:* ________ ________________

– Du kenns d'stabil Säitelag an d'Schocklagerung, a wéini se ze gebrauche sinn.

  *Datum an Ënnerschrëft:* ________ ________________

– Du weess, wat an d'Patrullenapdikt gehéiert, bekëmmers dech drëm a kucks, dass se aktuell ass.

  *Datum an Ënnerschrëft:* ________ ________________





***Informatique:***

– Du kenns den Opbau vun engem PC.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du weess, wéi ee mat Schreif- an Tabellekalkulatiounsprogrammer ëmgeet.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du kanns mam Scanner ëmgoen an eng kleng Grafik erstellen.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du kenns dech am Internet aus a weess, wéi s de eppes siche gees.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du hëllefs bei der „Mise en page" vun der Gruppenzeitung oder der Homepage vun dengem Grupp.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du kanns eng E-mail verschécken an op E-mailen äntwerten.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________



***Jokerbadge:***

– Am Scoutsbichelche sinn eng Onmass vun Aktivitéite mat 19 Badger beluecht. Elo kann et sinn, datt déi eng oder aner Aktivitéit awer net ënnert e Badge passt, dofir gouf den Jokerbadge erfonnt. Hei kanns de da mat dengem Chef kucken, wéi déi verschidde Punkten sollen ausgesinn.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________



***Kachen:***

- Du kenns déi wichtegst Regele vun der Hygiène an der Kichen.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du kenns d'Kachmaterial aus der Kichen, an du weess dermat ëmzegoen.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du kanns eng Spull dobannen an dobausse richteg organiséieren an duerchféieren.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du kenns de korrekten Ëmgang mat den Iesswueren a weess, wéi een se versuergt.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du weess, den Akaf ze preparéieren an de Präis vum Iessen ze berechnen.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du weess, wéi een ëmweltbewosst akeeft.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du bass Responsabel vun der Patrullekichen.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du kachs e Menu vun op d'mannst 2 Gäng fir deng Patrull.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du méchs eng Traperkichen.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du weess, wat alles an eng selwer gebaute Patrullekiche gehéiert.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________





***Kënschtler:***

- Du bastels däi Patrullendéier aus engem vun dëse Materialien: Gips, Holz, Steen, Papier mâché, …

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du illustréiers d'Patrullenheft mat Zeechnungen vun den Aktivitéiten.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du méchs en Décor fir eng Veillée oder e Camp.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du hëllefs mat, deng Gruppenzeitung ze illustréieren.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du organiséiers eng Bastel fir deng Patrull.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________



***Handaarbecht:***

- Du bitz e Patrullefändel.
  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du bitz deng Badger selwer op daïn Uniformshiem.
  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du kenns an ënnerscheeds déi eenzel Zorte vu Stëfter.
  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du weess, wéi s de um Camp deng Kleeder wäschs.
  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________



***Kniet:***

- Du kanns folgend Kniet a weess, wéini dass de se gebrauchs:
  - Platte Knuet
  - Fëscherknuet
  - Wiewerknuet
  - Aachterschléng
  - Rettungsschléng
  - Dueblen Aachter-Knuet
  - Seelverkierzung
  - Spanner
  - Brëllagen
  - Foulardsknuet

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du weess, wéi s de d'Seeler an der Rei häls an se lagers.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du baus mat Brëllagen a Kniet eng Konstruktioun fir op e Camp.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du kanns deene jonke Scouten an denger Patrull Kniet bäibréngen un Hand vun engem Kniettableau.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________



***Kommunikatioun:***

- Du schreifs en Artikel vun enger Aktivitéit an d'Gruppen-zeitung, an de Scout oder fir op ären Internet-Site.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du méchs eng Fotostory mat denger Patrull oder du dréins e Film.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du méchs en Interview mat engem vun denge Cheffen (CG, CT).

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du méchs mam Tounband eng Ëmfro op der Strooss iwwert en aktuellt Thema an du präsentéiers et denger Troupe.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du illustréiers de Rapport mat Fotoe fir an de Patrulle–Classeur.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________



***Natur:***

- Du kenns 15 verschidden einheimesch Beem.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du kenns 10 Vullen, 5 Fësch, 10 wëll Déieren a 5 Amphibien aus der Ëmgéigend.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du muss eng Fiche Technique maache vun 2 Déiren, déi net an dësem Buch erfaasst sinn.

  *Datum an Ënnerschreft:* __________ ____________________

- Du sichs no Déirespuren am Bësch, du hëls Gipsofdréck dovunner an du kanns se bestëmmen.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du méchs en Herbier (Klasseur mat gedréchente Blieder).

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du méchs mat denger Patrull e Vullenhaischen oder eng Fudderkrëpp.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du planz eng Heck oder e Bam an du këmmers dech drëm oder du organiséiers eng Botzaktioun.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________



***Orientéierung:***

- Du kanns mat enger topografescher Kaart ëmgoen, dat heescht, datt s de déi Haaptzeeche kenns, mä dech awer och domat orientéieren an erëmfanne kanns.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du kenns d'Koordinatesystem an de Réimer, fir dech op enger Kaart erëmzefannen.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du kanns mam Kompass ëmgoen.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du kenns verschidden Tricken, fir dech an der Natur ze orientéieren.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du méchs en Dropping.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du organiséiers en Orientéierungslaf fir deng Patrull.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

- Du méchs e Croquis vun engem Trajet vun 2 km, deen s de virdrunn ofgaange bass.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________



***Schwëmmer:***

– Du kanns 500 m wäit schwammen.

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du kenns 4 Schwammstyler an du kanns der 3 praktizéieren.

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du kanns de Kappsprong vum Bock.

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du kanns 10 m wäit tauchen.

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du kanns 2 Saachen aus 2 m Déift erausfëschen.

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du bass fräigeschwommen.

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du kanns 15 Minutte schwammen, ouni dech unzehalen.

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du kenns d'Haaptgefore vun der Schwemm.

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________



***Sécher ënnerwee:***

– Du kenns déi Haaptregele vum Code de la Route fir Foussgänger.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du weess, wéi s de dech als Velofuerer an als Foussgänger op der Strooss behëls.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du weess, wéi s de dech bei engem Stroossenakzident behëls.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du informéiers dech virun enger Patrullenaktivitéit no eventuelle geféierleche Plazen.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________



***Sekretariat:***

– Du kenns d’Tariffer vun der Post.

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du bekëmmers dech ëm de Patrulleklasseur: du weess, wie wat schreift an du deels d’Aarbecht op.

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du méchs e Relevé de Patrouille a féiers d’Präsenzlëscht.

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du schreifs a verschécks d’Invitatioun fir eng Aktivitéit.

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du kanns korrekt tëlefonéieren, e Fax schécken an e korrekte Message op engem Répondeur hannerloossen.

*Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________



***Signalisatioun:***

- Du kenns déi verschidde Funkzeechen a -regelen.

  *Datum an Ënnerschrëft:* ________ ________________

- Du kenns 5 verschidde Geheimschrëften a kanns se gebrauchen.

  *Datum an Ënnerschrëft:* ________ ________________

- Du kenns d'Morse- an d'Funk-ABC.

  *Datum an Ënnerschrëft:* ________ ________________

- Du sends an empfänks e Morsesignal mat enger Luucht op Distanz vun 200 m oder mat enger Päif iwwer 100 m.

  *Datum an Ënnerschrëft:* ________ ________________

- Du baus e Morseapparat oder e Codepanneau fir deng Patrull.

  *Datum an Ënnerschrëft:* ________ ________________



***Velofuerer:***

– Du kenns de Code de la Route fir de Velo.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du kenns d'Sécherheetsmoossnahme fir de Velo.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du kanns de Suedel an de Guidon op deng Gréisst an d'Bremse richteg astellen.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du kanns e Platte flécken.

  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du féiers e Geschéckerlechkeetsparcours duerch.


  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

– Du organiséiers e Velostour vun 30 km fir deng Patrull.


  *Datum an Ënnerschrëft:* __________ ____________________

# Baretten

## *Baretten vun de Commissairen*




## *D'Barette vun de Cheffen*



# Meng Progressioun

| | Datum | Ënnerschrëft vum Chef | Ech krutt et zu |
|---|---|---|---|
| Verspriechen | | | |
| Tenderfoot | | | |
| 2. Klass | | | |
| 1. Klass | | | |
| Meng Badger | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |

# Zu gudder Lescht ...

Sou, du bass bal um Enn vun dengem Wee an der Trupp. Ier s de lo awer däi Scoutsbichelchen ewechraums an eréischt an zéng Jor nees eng Kéier drablieders, ... kuck däin Hiem. Ass dat net méi faarweg ewéi am Ufank? Déi Badger, déi s du während 4 Jor kruuss, bedeiten, dass de eppes bäigeléiert hues.

Du bass awer net nëmmen dofir all Woch an d'Versammlung komm. Du hues der Frënn gemaach, besonnesch an denger Patrull, an du waars op ville flotten Aktivitéiten, déi s de och hoffentlech an Erënnerung wäerts behalen.

Wann s de däi Scoutsbichelchen ëmmer derbäi has an ëmmer dragebliedert hues, wann s de eppes net wosst, iwwer d'Patrull oder d'Scoutstechniken, iwwer d'FNEL oder iwwer de Scoutissem, wann s de alles ausgefëllt an ugekräizt hues, wat s de vollbruecht hues, da gesäit däi Scoutsbichelchen awer schéin aus. Mee och wann et bal a Fatzen ass, dat as net schlëmm, well dat heescht, dass et der gehollef huet, an dat ass säin Zweck.

Vläicht wäerts de nach heiansdo dra luussen, fir Erënnerungen ervirzeruffen, well s de an den Explorer nach Scoutstechniken maache wäerts oder well s de eng Kéier Chef gëss a selwer Scouten wäerts hunn, déi mam Scoutsbichelche schaffen.

Haaptsaach du bleifs nach laang am Scoutissem an du vergëss nët wat s de an de Scoute geléiert an erlieft hues.

## Inhaltsverzeichnis


Dat hei ass mäi Scoutsbichelchen . . . . . . . . . . . . . . . . . . 3
Salut Scout . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 6
D'Montée . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 7
De Scoutsgrouss . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 9
Verspriechen . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 10
Scouts-Verspriechen . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 11
Wat ass d'Trupp? . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 12
Patrull . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 13
D'Scoutsgesetz . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 17
D'Scoutsgesetz an d'Verspriechen . . . . . . . . . . . . . . . . 18
Scoutswee . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 25
Tenderfoot ABC . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 26

*Apdikt . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 26*
*Aktivitéiten . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 26*
*BP . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 26*
*Bonne Action (B.A.) . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 26*
*Badger . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 27*
*Cheffen . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 27*
*Carré . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 28*
*Chaîne des Adieux . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 28*
*Chargen . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 28*
*Dreck . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 28*
*Demokratie . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 28*
*Éischt Hëllef . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 29*
*Equipement . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 29*
*FNEL . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 29*
*Feier . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 29*
*Grupp . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 30*
*Gesetz . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 31*
*Grouss . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 31*
*Hike . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 32*
*Hygiène . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 32*
*Internet . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 33*
*Internationale Scoutismus . . . . . . . . . . . . . . . . . . 33*
*Jamboree . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 33*
*Jäizert . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 34*
*Kniet . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 34*
*Konstruktiounen . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 34*

*Klassen* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 35
*Kachen* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 35
*Morse* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 35
*Material* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 36
*Orientatioun* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 36
*Patrull* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 36
*Respekt* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 37
*Regelen* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 37
*Rucksak* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 37
*Spill* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 38
*Sport*. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 39
*Salut au Drapeau* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 39
*Techniquen* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 39
*Trupp* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 39
*Totem* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 39
*Uniform* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 40
*Verspriechen* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 40
*Wieder*. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 41
*Zelter* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 41
*Zeitung* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 41
D'FNELs Fleur de Lys . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 44
D'FNEL – Historique. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 45
*D'Entstéiung vum Scoutissem zu Lëtzebuerg* . . . . . . . . . . 45
*D'Grënnung vun der FNEL* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 46
*Grënnungsmembere vun der FNEL:* . . . . . . . . . . . . . . . 46
*Am 2. Weltkrich* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 47
*D'FNEL an de 60er Joren*. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 48
*1970 bis 1982: 7 nei Scoutsgruppen* . . . . . . . . . . . . . . 48
*D'FNEL vun haut*. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 49
*Eisen Home*. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 51
De Scoutissem léiert eis Toleranz . . . . . . . . . . . . . . . . 52
*Wat ass en tolerante Mënsch?* . . . . . . . . . . . . . . . . . 52
Baden-Powell, Grënner vun de Scouten a Guiden . . . . . . . 53
*Dem BP seng Zieler sinn:* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 55
*Dem BP säi leschte Bréif:* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 56
Scoutswierder. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 57
Jamboreeën . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 60
Buedemzeechen . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 61
Är perséinlech Ausrüstung . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 62
De Rucksak . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 67

Den Hike. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 68
*Wat ass en Hike?* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . *68*
*Wat méchs de während dem Hike?*. . . . . . . . . . . . . . *68*
*Wat muss de mathuelen?* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . *68*
Zelt opriichten . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 71
Hygiène um Camp. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 73
D'Spullstrooss. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 76
D'Bonne Action (B.A.) . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 77
*„E Scout mécht all Dag e gutt Wierk."* . . . . . . . . . . . . *77*
Patrullematerial . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 78
Scoutstechniken . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 79
Morse . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 80
*Morsealphabet:*. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . *80*
*Morseschlëssel:*. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . *82*
Cryptographie . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 83
*Code grillé* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . *83*
*Code chinois* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . *83*
*Code pointillé* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . *83*
*Code Bac* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . *84*
*Spigelschrëft* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . *84*
*Code chiffré* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . *84*
*Code inverse* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . *85*
*Indianerschrëft*. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . *85*
Richteg Holzhaen . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 86
*Holz kleng maachen* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . *86*
*Holz splécken a spëtzen* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . *87*
*Wichteg Detailer*. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . *87*
D'Feier um Camp. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 89
*Gutt Holzaarten* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . *89*
*Schlecht Holzaarten:* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . *89*
*Wéi maachen ech e Feier?*. . . . . . . . . . . . . . . . . . . *90*
*Wéi verloossen ech d'Feierplaz?*. . . . . . . . . . . . . . . *91*
*Verschidde Methoden, fir e Feier opzebauen* . . . . . . . . . . *91*
*Gaalgen- an Dräibeenfeier* . . . . . . . . . . . . . . . . . . *91*
*Polynesierfeier* . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . *92*
*Jeeër-, Trapper- oder Stärefeier*. . . . . . . . . . . . . . . *92*
*Hiirdefeier*. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . *93*
*Pagoden- oder Lagerfeier* . . . . . . . . . . . . . . . . . . *93*
*Pyramidefeier*. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . *94*
Éischt Hëllef . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 95

*De Prinzip* . . . . . . . . 96
*Insektestéch* . . . . . . . . 99
*Bloderen* . . . . . . . . 99
*Nuesbludden* . . . . . . . . 99
*Verbrennungen* . . . . . . . . 100
*D'Verbänn* . . . . . . . . 101
*Schocklagen* . . . . . . . . 101
*De Schock* . . . . . . . . 101
*Otemnout* . . . . . . . . 101
Wat alles an d'Patrullenapdikt gehéiert . . . . . . . . 102
Kniet . . . . . . . . 105
Platte Knuet . . . . . . . . 106
Fëscherknuet . . . . . . . . 106
Wiewerknuet . . . . . . . . 107
Aachterschléng . . . . . . . . 107
Rettungsschléng . . . . . . . . 108
Dueblen Aachter-Knuet . . . . . . . . 108
Brellage . . . . . . . . 109
Orientatioun . . . . . . . . 111
*Kaarten* . . . . . . . . 112
De Kompass . . . . . . . . 118
*Kaart annorden* . . . . . . . . 121
*Bestëmmung vum Richtungswénkel „Azimut" an der Marschrichtung op der Kaart* . . . . . . . . 122
*Upeilen a Bestëmmung vun der Marschrichtung* . . . . . . . . 123
*Bestëmmung vun engem sichtbare Punkt op der Kaart* . . . . . . . . 124
*Ëmgoe vun engem Hënnernes* . . . . . . . . 125
De Croquis . . . . . . . . 126
*2D-Croquis* . . . . . . . . 127
*Wee-Croquis* . . . . . . . . 127
Koordinaten . . . . . . . . 133
De Bësch . . . . . . . . 139
*NOLEBEEM* . . . . . . . . 140
*LAFBEEM* . . . . . . . . 144
D'Déieren an eiser Natur . . . . . . . . 151
*A - FLEESCHFRIESSER* . . . . . . . . 151
*B - PAARHUFER* . . . . . . . . 155
*C - NAGETIERE* . . . . . . . . 158
D'Vullen an eiser Natur . . . . . . . . 163

ASTRONOMIE . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 171
*D'Sonnesystem . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 171*
*D'Planéiten . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 171*
*D'Mëllechstrooss . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 172*
*D'Stärebiller. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 172*
*De Polarstär. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 173*
*Wéi fënns de de Polarstär um Himmel erëm? . . . . . . . . . . . 174*
*D'Äerd . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 174*
*D'Sternschnuppen . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 176*
*D'Liichtjoren . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 176*
2. Klass. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 177
1. Klass. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 180
BADGER: . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 183
*Animatioun:. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 184*
*Athlet: . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 185*
*Equipesport: . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 186*
*Handwierker: . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 187*
*Astronomie a Meteorologie: . . . . . . . . . . . . . . . . 188*
*Infirmerie:. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 190*
*Informatique:. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 192*
*Jokerbadge: . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 193*
*Kachen: . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 194*
*Kënschtler: . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 196*
*Handaarbecht: . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 197*
*Kniet: . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 198*
*Kommunikatioun: . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 199*
*Natur: . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 200*
*Orientéierung: . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 201*
*Schwëmmer: . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 202*
*Sécher ënnerwee: . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 203*
*Sekretariat: . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 204*
*Signalisatioun: . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 205*
*Velofuerer:. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 206*
Baretten . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 207
*Baretten vun de Commissairen . . . . . . . . . . . . . . . 207*
*D'Barette vun de Cheffen. . . . . . . . . . . . . . . . . . 207*
Meng Progressioun. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 208
Zu gudder Lescht .... . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 209
Merci . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . 215

# Merci

Dëst Bichelche gouf realiséiert am Kader vum Mike Fantin (Wupp) senger Gilwell-Aarbecht.

**Et hu matgewierkt:**
Lynn Claude, Désirée Wickler, Mischi Nicolay, Nancy Brosius, Caroline Delleré, Sandra Cellina, Pouss Blau, Serge Ludwig, Georges Hames, Marc Blau, Henri Schreiner, Christian Betzen, Tom Scholtes, Gilles Martin, Pierrot Matagne.

**Merci,**
all deenen, déi Fotoen eraginn hunn, an deenen, déi mer vläicht vergiess hunn,

dem Mariette Reinard fir d'Korrekturen.

**Erausgi vun der FNEL am September 2003**

**Aktualiséiert vun der FNEL am Dezember 2013**

Layout: Marc Manternach, Bissen
Drock: Imprimerie Fr. Faber, Miersch
Oplag: 500

## Notizen